LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

# Deklaratioun iwwert d'Aussepolitik

presentéiert vum

Här Jean Asselborn
Aussen- an Europaminister

an der Chamber
den 9. November 2021

*Et zielt dat geschwatent Wuert*

Här President,

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert,

**Zanter gutt annerhalwem Joer hält d'Covid-Pandemie äis a Schach** an huet vill Leed iwwert d'Welt bruecht. Zanter ugangs 2020 hunn d'Leit, d'Land an d'Welt vill no banne gekuckt. Mir hunn **nei Angscht virum Friemen erlieft** a virun deenen, déi d'Krankheet  kéinte matbréngen.

Nunn, wann een sech d'Zuele vun de leschten Deeg a ville Länner vun der EU, wéi och bei äis, ukuckt, gesäit een, dass d'Situatioun schwiereg bleift : d'Infektiounszuelen weisen nees staark no uewe. Grad elo muss dowéinst all eis Energie dru gesat ginn, fir zesummen zerguttstert aus dëser Kris erauszekommen, an dann déi richteg Lektiounen draus ze zéien, um soziale, politeschen a wirtschaftleche Plang.

Aus der Siicht vun der Aussepolitik duerfe mer am **Gesamtbild natierlech de Rescht vun der Welt net vergiessen**, a besonnesch net eis Partner an den Entwécklungslänner. Et ass kloer, dass de **Covid eréischt ënner Kontroll ass, wann en iwwerall op der Welt paréiert ass**.

Och eis Lëtzebuerger Diplomatie ass an dësen Zäite virun nei Erausfuerderunge gestallt ginn, huet sech missten upassen an och zum Deel nei Aufgaben iwwerhuelen. Et soll net eist Objektiv sinn, elo sou séier wéi méiglech erëm zréck ze kommen an dat, wat mir als Normalitéit an Erënnerung hunn. Dës Kris huet äis aus enger Rëtsch Gewunnechten erauskatapuléiert an dozou bäigedroen, eng sëllege Saachen ze hannerfroen, huet Vulnerabilitéite fräigeluecht, an äis awer och bewosst gemaach, wou verschidde Stäerkte leien. Dorobber gëllt et sech elo ze baséieren, fir méi stark nees opzebauen.

Wéi ech virun engem knappe Joer virun Iech stoung, ass op Héichtueren dorunner geschafft ginn, fir en **effikassen Impfstoff** géint de Virus op de Maart ze bréngen. Haut ginn zu Lëtzebuerg 4 Impfstoffer benotzt fir de Leit e Schutz virun deem Virus ze ginn. Mir gesinn haut, dass den Impfstoff **d'Léisung ass, déi eenzeg Léisung fir dës Pandemie an de Grëff ze kréien**.

Vun Ufank un hu mir op europäeschem Niveau eng **gemeinsam Impfstrategie verfollegt**. Déi **gemeinsam Uschafung vun Impfstoffer** war eppes komplett Neies am Gesondheetsberäich. Et gouf Ulafschwieregkeeten, vill Kritik, an heiansdo och onnéideg Polemiken. Tatsaach ass, dass mir et an der EU a Rekordzäit färdegbruecht hunn, genuch Impfstoff fir all Bierger zur Verfügung ze stellen. Esou gouf bannent der EU d'**Zil**, dat mir äis gesat haten - 70% vun der erwuessener Bevëlkerung bis zum Schluss vum Summer mat op d'mannst enger Impfung ze schützen – zwar net ganz **erreecht, mä mir sinn no drun rukomm**.

D'Strategie vun der EU, d'Impfcampagne am Geescht vun der Solidaritéit an der Zesummenaarbecht z'organiséieren, huet sech also bezuelt gemaach. Am Laf vun de leschte Méint huet d'Impfcampagne an Europa zolitt ugezunn. Sou krute mëttlerweil ronn 69% vun der Gesamtbevëlkerung an der EU op d'mannst eng Dosis. Weltwäit sinn et der eréischt knapp méi wéi d'Halschent.

Leider ass dëse **Succès ongläichméisseg ënnert de Memberstaate verdeelt** an et gëllt iwwerall, nach **weider Fortschrëtter ze maachen**, och hei zu **Lëtzebuerg**.

**D'EU huet geliwwert, wat d'Vaccine betrëfft**. Et ass ervirzesträichen, dass mir ewell an der EU massiv Impfstoff produzéieren an dass mir en och uechter d'Welt exportéieren.

Esou gouf d'Halschent vum Impfstoff, deen an der EU produzéiert gouf, mam Rescht vun der Welt gedeelt. Iwwert déi leschten zéng Méint huet d'EU méi wéi eng Milliard Impfstoffer a méi wéi 150 Länner exportéiert. Dëst obwuel den Impfstoff ugangs knapp war. Och goufe ronn 87 Milliounen Dosissen iwwert d'COVAX Initiativ geliwwert. Am Kader vum COVAX huet Lëtzebuerg sech engagéiert, zousätzlech Impfdosissen u Partnerlänner bäizesteieren. Doriwwer eraus hu mer 56.000 Impfdosissen dem Cap-Vert - engem vun eisen enke Partnerlänner - direkt zur Verfügung gestallt. Lëtzebuerg engagéiert sech och mat insgesamt 2 Milliounen Euro an der COVAX Maartgarantie, wouvunner 3 Véirels schon déboursséiert goufen.

Hei muss nach vill ënnerholl ginn. Och gëllt et, dat richtegt Gläichgewiicht ze fannen tëschent dem Schutz vun eiser Bevëlkerung hei an Europa an eiser moralescher Flicht vis-à-vis vun de manner gutt gestallte Länner a virun allem den Entwécklungslänner.

Zanter dem Ufank vun der Pandemie ass d'**Weltgesondheetsorganisatioun** ee vun deene ganz wichtegen Akteuren, a si wäert et och bleiwen, fir äis op potenziell nächst Pandemië virzebereeden. Lëtzebuerg ënnerstëtzt d'Iddi, en neien Traité auszeschaffen a mir wäerten äis aktiv un de Verhandlunge bedeelegen, a Koordinatioun natierlech mam Gesondheetsministère.

D'Pandemie huet eist Liewen an enge sëllege Beräicher iwwert de Koup gehäit. D'lescht Joer hu mir de 25. Joresdag vum Akraafttrieden vun de Schengener Verträg gefeiert, déi d'Grenzkontrollen fir de Persounen- a Wuereverkéier sollten ophiewen. D**'Recht op Fräizügegkeet gëllt mëttlerweil als eng vun deene gréissten Errongenschaften vun der EU**. An awer ass dëst Grondrecht während der Pandemie staark a Fro gestallt ginn. Um 25. Joresdag vun de Schengener Verträg waren nämlech uechter Europa eng sëllege Bannegrenzen zou. Am Verglach mat der Situatioun, wéi se d'lescht Joer ëm des Zäit war, ginn et eng Rei **Fortschrëtter** ze notéieren, an awer ginn et nach zevill Plaze bannent der EU, wou déi fräi Beweegung vu Persounen net komplett garantéiert ass.

Am Schenge-Raum ass d'Ausnam mëttlerweil zur Reegel ginn, an d'Reegel, dat heescht oppe Grenzen, ass leider d'Ausnam ginn. **D'Persounefräizügegkeet muss e Grondrecht an der EU bleiwen, an Aschränkungen dierfen nëmmen ënner gerechtfertegte Grënn gemaach ginn**. Fir Lëtzebuerg an d'Groussregioun ass dëst vu besonnescher Wichtegkeet. Et ass jo net vun Ongeféier, dass den Ursprong vum Schenge-Raum bei äis am Dräilänner-Eck war. Elo gëllt et, dat Grondrecht sou séier wéi méiglech rëm hierzestellen. D'EU Kommissioun wäert dësen November hir Propos fir eng Reform vum Schenge-Code virstellen, an do wäert et drëms goen, den Acquis, dee mir äis schwéier erschafft hunn, ze verdeedegen an ze konsolidéieren. Och wann et berechtegt Grënn ka ginn fir punktuell Kontrollen op de Bannegrenzen anzeféieren, muss dat

ëmmer eng Ausnam bleiwen an zäitlech limitéiert sinn. Duerfir wärte mir äis asetzen. Den Ament hu 6  vun de 26 Schengelänner Grenzkontrollen op de Bannegrenzen notifizéiert.

Den 1. Juli 2021 ass op europäeschem Niveau den Europäeschen Digitale Covid Zertifikat agefouert ginn. Dësen Zertifikat weist de Status un – nom Prinzip vun den "3G", also geimpft, getest oder geheelt - a soll de Leit d'Reesen erliichteren. Och dëst ass a Rekordzäit geschitt an huet sech mëttlerweil zu engem neien internationale Standard entwéckelt. Eng sëllegen Drëttstaaten hunn sech duerch Equivalenzen un dëse System drugehaangen, a mat enger Rëtsch aneren lafen d'Gespréicher nach. Doriwwer eraus musse mir awer och kucken, d'Relatioune mat Länner, déi sech net kënnen un dësen EU-System uschléissen, nees eropzefueren. D'Regierung hat an deem Sënn e Virschlag fir dat neit Covid Gesetz gemaach deen äis erlaabt, a bestëmmte Fäll och bilateral Impzertifikater unzererkennen. Lo wou d'Gesetz en vigueur ass, hu mir eng éischt bilateral Unerkennung decidéiert, iwwer Règlement grand-ducal, déi vun den Impf-Zertifikater, déi d'USA ausstellen. Zanter e Sonndeg ginn déi Zertifikater zu Lëtzebuerg unerkannt. Aner Länner kënnen an den nächste Wochen oder Méint derbäi kommen.

* * *

Mir mussen déi **richteg Léieren aus der Corona-Kris zéien**. Mir wäerten drop hischaffen, dass déi europäesch Acquisen, dorënner de Schenge-Raum an de Bannemaart, net nëmme komplett retabléiert ginn, mä och fit fir d'Zukunft gemaach ginn. Dëst ass eng Grondviraussetzung fir d'Resilienz, also d'Widderstandsfähegkeet, vun der EU.

Déi zoue Grenze bannent der EU hu virun allem **d'Vulnerabilitéit vun de grenziwwerschreidende Gemeinschaften a ganz Europa gewisen**. Wou iwwer Joerzéngten dru geschafft gouf, Grenzen onsiichtbar an onwichteg ze maachen, waren op eemol rëm Grenzen do. Zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun, wou honnertdausende Mënschen Europa dagdeeglech gelieft hunn, ware mer op eemol  of- an agegrenzt.

Zesumme mat eise Partner aus dem Benelux an den dräi baltesche Staaten huet Lëtzebuerg dëse Juni eng Propositioun virgeluecht, an där mir froen, an Zukunft e **bessere Schutz vun de**

**grenziwwerschreidende Communautéiten ze garantéieren**. Zu sechs schloe mir also vir, dass de potentiellen Impakt vun neie EU-Proposen op d'grenziwwerschreidend Communautéiten evaluéiert gëtt. Schliisslech wunnen **30% vun der EU-Bevëlkerung, eng 150 Millioune Leit**, a Grenzregiounen. Dat ass also **keng reng Lëtzebuergesch Partikularitéit**, mä hei bei äis ass dee Phenomen am däitlechsten. An anere Länner sinn d'Grenzregiounen an der Peripherie geleeën, net nëmme geographesch gesinn, mä dacks och an engem politesche Sënn. Dat wëlle mer änneren, an e **bessert Bewosstsinn fir dës Realitéit** schafen, zu Bréissel, an och an den aneren Haaptstied. **Et ass un de Grenzen, wou Europa zesummewiisst!** Mir mussen also sécherstellen, dass sech bei zukünftege Krisen de Chaos un de Bannegrenzen net widderhëlt. Dëst gëllt och lo schonn, ugesiichts dovun dass d'Corona-Infektiounen rëm an d'Luucht ginn.

Eis BENELUX Présidence vum Joer 2022, déi mer amgaange sinn, ze preparéiren, wäert äis sécher Geleeënheet ginn, dës Thematik prioritär unzegoen.

Last but not least, huet Lëtzebuerg an däser Diskussioun iwwert d'Lektiounen, déi mer aus der Kris zéien, och ganz bestëmmt eng Rei Alliéierter bei den Autoritéite vun den Nopeschregiounen. Mat Wallounien, Ostbelgien, Rheinland-Pfalz, dem Saarland an dem Grand Est wäerte mer am enke Kontakt bleiwen, fir zesummen déi gemeinsam Erfarung vum leschte Joer an déi europäesch Debatt mat erafléissen ze loossen. Et sollt een och net ënnerschätzen, dass dës Nopeschgéigende reell Aflossméiglechkeeten op d'Zentralregierungen zu Paräis, Bréissel a Berlin hunn, an dozou bäidroen, fir se op d'grenziwwerschreidend Realitéiten an däser Géigend ze sensibiliséieren. Am Allgemengen huet d'Kris äis op en Neits gewisen, wéi interkonnektéiert a verbonnen eist Land matt der Groussregioun ass, a wéi e grousst Potential et gëtt, fir dës Relatiounen nach méi systematesch ze verdéiwen.

* * *

Aus der Corona-Kris huet sech a villen Hisiichten eng nei Dynamik entwéckelt. Et goufen **europapolitesch Entscheedunge getraff, déi bis dohi bal ondenkbar waren**.

Enn Mäerz 2020 huet Lëtzebuerg zesumme mat 8 anere Memberstaaten an engem gemeinsame Bréif d'Aféierung vu Corona-Bonds virgeschloen, fir dem Schock vun der Corona-Kris Meeschter ze ginn. Déi Allermannst konnten sech virstellen, dass mir viru Joresenn eng Eenegung um Ërëm-Opbau-Fonds „Next Generation EU" hätten, déi deelweis op de Virschléi vu Mäerz berout.

Am Mäerz konnt ech den **EU Budget 2021-2027** an de Plan de Relance an dësem Haus virstellen, fir d'Decisioun zu den Eegemëttel op nationalem Niveau vun der Chamber gutt geheescht ze kréien. All Memberstaat huet dat misse maachen, fir de pluriannuelle Finanzkader, 1.074 Milliarden EUR, an den Ërëm-Opbau-Fonds (*Next Generation*), dee 750 Milliarden Euro ëmfaasst, opzestellen. **Lëtzebuerg huet hei seng Responsabilitéit geholl**, fir en EU-Budget, dee fit ass fir d'Zukunft, mat engem staarken digitalen a grénge Volet, a mat engem Konjunkturpak, deen äis optimal opstellt, fir aus der Kris eraus ze kommen.

Fir en Deel vun de Fongen vum *Next Generation EU* kënnen zur Verfügung gestallt ze kréien, hunn d'EU Memberstaaten eenzel missen en **nationale Plang fir d'Reprise an d'Resilienz** ausschaffen. Lëtzebuerg krut am Juni dëst Joer gréng Luucht fir säi Plang an Héicht vun 93 Milliounen EUR, deen op dräi Pillieren berout: "Sozial Kohesioun a Resilienz", "Gréng Transitioun" an "Digitalisatioun, Innovatioun a Gouvernance". Dës 93 Millioune komme bei d'Enveloppe vun de ronn 140 Milliounen EUR derbäi, déi mir am Kader vun der Initiativ ReactEU vum NextGenEU kruten, a mat deene mir déi zweete Phase vum Large Scale Testing, de Regime vum partielle Chômage an eis Impfcampagne co-finanzéiert hunn.

Allgemeng gesi kann een also schon vun engem **Quantesprong an der europäescher Integratiounsgeschicht** schwätzen. Fir de Länner ze hëllefen, déi vun der Kris am meeschte getraff goufen, léint d'Kommissioun Suen déi spéider zeréckbezuelt ginn. Dëst wär virun e puer Joer nach onméiglech gewiescht. Et war op alle Fall dat richtegt Signal zum richtegen Ament. Trotz all de pessimistesche Prognosen huet Europa ganz kloer aus de Feeler vum Krisejoer 2008 geléiert.

Deen neien Ament war och batter néideg. De Chômage an déi **sozial Ongläichheeten** an der EU goufen duerch d'COVID-19 Kris zousätzlech verstäerkt, a stellen eis Sozialmodeller op eng haart Prouf. Déi wirtschaftlech Relance no der Kris muss net nëmmen effikass, mä och sozial, fair an inklusiv sinn. Mat der Ëmsetzung vum **europäesche Pilier vun de soziale Rechter** wäerte mir op eng sozial Konvergenz innerhalb vun der EU, déi no uewe weist, hischaffen.

Fir dëst Zil z'erreechen, brauche mer awer och eng Aktualiséierung vum soziale Reegelwierk duerch eng Réi geziilten Initiative fir d'Verbesserung vun de soziale Mindest-Standarden bei den Aarbechtsbedingungen. D'Pandemie an déi gréng an digital Transitioun wäerten nämlech strukturell Auswierkungen op de Fonctionnement an d'Gerechtegkeet vun eise Sozialsystemer hunn, déi nach ongewëss sinn. Déi wirtschaftlech a sozial Solidaritéit stellt d'Grondlag vum Projet Europa duer, wourunner och de Lëtzebuerger Kommissär Nicolas Schmit mat vill Engagement schafft.

Fir dass déi wirtschaftlech, sozial an ekologesch Relance vun der Unioun no der Kris nohalteg ka sinn, si mer och op e **staarke Bannemaart** ugewisen. Op sech eleng gestallt gëtt et an eiser globaliséierter Welt schwiereg, seng Plaz ze fannen. Spéitstens mat de rezenten Enkpäss bei der Versuergung vu Bensinsstatiounen a Supermarchéë misst dës Erkenntnis sech sou lues och bei den Euroskeptiker a Populisten op där anerer Säit vum Äermelkanal, an doriwwer eraus, duerchsetzen. **D'Virdeeler vum Bannemaart gesäit ee besonnesch däitlech, wann ee bis net méi dran ass!**

De Bannemaart zielt matt zu de fundamentaalste Viraussetzungen, fir eis europäesch Eenheet an eise wirtschaftlechen Erfolleg – bannent Europa an dobaussen an der Welt. E grousse Prozentsaz vum PIB vun de Memberstaaten ass direkt op de Bannemaart zréckzeféieren. Gestëtzt op ons **4 Grondfräiheeten** erliichtert de Marché den Alldag vu ronn 450 Millioune Bierger an 20 Milliounen Entreprisen an ass dee gréissten, gemeinsame Wirtschaftsraum op der Welt.

Déi besonnesch Situatioun vun eisem Land - geographesch, gesellschaftlech a wirtschaftlech – mécht de **Grand-Duché traditionell zu engem vun de stäerkste Verfechter** vun engem verdéiften an integréierte Bannemaart. E Bannemaart dee sech duerch eng maximal Harmonisatioun auszeechent, am Intressi vun eise Bierger an Entreprisen. Dat nächst Joer feiert de Bannemaart seng 30 Joer. Fir dëse ronne Gebuertsdag wënsche mir äis e Bannemaart, dee senger Roll als Motor vum Opschwong ka gerecht ginn. E Bannemaart, deen defragmentéiert ass, an an deem d'Hürden, déi aktuell nach der fräier Zirkulatioun vu Wueren a Servicer am Wee stinn, ofgeschaaft ginn. E Bannemaart, an deem mer äis engagéiert géint d'Opkomme vun neien Hürden asetzen.

Net nëmmen eise Bannemart huet an dëser Kris stark gelidden, mä och dee ganzen **internationalen Handel** ass op säin déifste Stand zanter dem Zweete Weltkrich gefall. Gläichzäiteg ass den Zougang zu internationale Liwwerkette méi vital ginn wéi jee, wat jo d'Ofhängegkeet vu Produktiounsprozesser opgedeckt huet. Ketten, iwwert déi d'Regierunge keng Kontroll hunn. Et war deen Ament, wéi eis Ambassaden an Asien d'Liwwerunge vu Maske vun de Produktiounsplazen op de Fluchhafe begleet hunn, aus Angscht, iergendeppes kéint mat deene liewenswichtege Produkter geschéien. Et war och deen Ament, wéi mir konnten houfreg sinn, Entreprisen ze hunn, déi äis mam wäiten Ausland kënne verbannen an den Zougang zum Rescht vun der Welt fir äis ophalen.

Am Réckbléck gesi mir elo, dass déi International Liwwerketten a Saache Covid net agebrach sinn. Mä domadder solle mir äis net offannen. Mir mussen äis mam Opruff zu engem Paradigmewiessel, dee mir d'lescht Joer erlieft hunn, ausernee setzen. E Paradigmewiessel, deen zu engem bessere Schutz vun eisem Planéit féiert, fir an Zukunft esou Pandemien ze verhënneren. An e Paradigmewiessel, fir eis Onofhängegkeet vun internationale Liwwerketten, op d'mannst fir essentiell Produkter, ze garantéieren.

Lëtzebuerg lieft vum internationalen Handel a vum Austausch mat de Länner, am Bannemaart mä och doriwwer eraus. Et geet hei nët nëmmen ëm d'Finanzplaz, déi dofir do ass,

Industrie- an Handelsaktivitéiten ze erméiglechen. Et geet och net nëmmen ëm eis Ustrengungen, fir d'Wirtschaft ze diversifizéieren, andeems mir a Servicer an Zukunftstechnologien investéieren, déi och en Zougang zum Ausland brauchen. Nee, et geet och a virun allem drëm, dass eist Land ouni des Ëffnung zur Welt net iwwerliewe kann.

Dofir begréissen ech d'Debatt um europäeschen Niveau fir eng strategesch oppen Autonomie ze erreechen. D'Zil soll sinn, eis Ofhängegkeet vu strategesch wichtege Produkter aus dem Ausland esou kleng wéi nëmme méiglech ze halen, ouni awer an de Protektionismus ze falen.

An dëser Debatt soll och d'Fro no enger anerer Form vu Wirtschaft an enger anerer Form vu Konsum eng integral Plaz fannen. De Klimanoutstand, dee mir erliewen, verlaangt dat.

Aus dësem Grond setzt d'Lëtzebuerger Regierung sech zanter laangem dofir an, dass d'Dispositiounen iwwert déi nohalteg Entwécklung an den Europäesch Handelsverträg entscheedend gestäerkt ginn. Dat beweist déi kloer Linn, déi d'Regierung am Kader vum Mercosur-Ofkommes adoptéiert huet. Dat beweist och eisen Asaz, fir aus dem Respekt vum Paräiser Klimaschutzvertrag eng essentiell Konditioun fir d'Konklusioun vun Handelsverträg ze maachen, sou wéi et am Koalitiounsofkommes steet. Ech begréissen et duerfir, dass d'EU Kommissioun sech entscheet huet, fir bei all zukünftegen Handelsvertrag dee Wee anzeschloen.

Mir hunn awer och gemierkt, dass et net duer geet, sech op d'EU Handelsverträg ze begrenzen. D'Fro vum Klimaschutz, vun den Aarbechtsrechter a besonnesch vun de Mënscherechter betrëfft nämlech all eis Liwwerketten a besonnesch déi, fir déi et keen Handelsvertrag gëtt.

Lëtzebuerg war matt eent vun deenen alleréischte Länner, déi hei eng konkret Initiativ op europäeschem Niveau gefuerdert hunn fir d'Mënscherechter am Kader vun de Liwwerketten ze garantéieren. Wann dat am Ufank eng ganz minoritär Positioun war, esou hu mir et an der Tëschenzäit fäerdeg bruecht, dass d'Necessitéit vun esou engem Liwwerkettegesetz net méi a Fro gestallt gëtt, an d'Kommissioun sech engagéiert huet, hei eng konkret Propos op den Dësch

ze leeën. Dëst wäert net nëmme konkret Ännerungen an Europa op dësem wichtege Sujet erbäiféieren, mä och weltwäit zu engem Ëmdenke féieren. Et dierf een hei net de Feeler maachen, ze kleng ze denken. Fir en Impakt ze hunn, muss een an Dossiere vun internationalem Handel grouss denken.

Dir wësst och, dass de Regierungsrot den 23. Abrëll 2021 en interministerielle Comité ënnert der Koordinatioun vum Ausseministère agesat huet, fir d'Haaptfroen iwwert eng méiglech gesetzlech Verankerung vun enger Suergfaltsflicht a Saache Mënscherechter fir Entreprisen zu Lëtzebuerg z'analyséieren, an der Regierung Rapport ze maachen. Et geet hei em Froe wéi: Wat kéint d'Portée vun engem Gesetz iwwert Mënscherechter a Betriber sinn? Wéi eng Entreprise solle vun esou engem Gesetz betraff sinn? Wéi eng Obligatioune kéinten d'Betriber operluecht kréien a wee kontrolléiert, ob d'Betriber sech un hir Oplagen halen? Hei gëllt et, dat richtegt Gläichgewiicht ze fannen tëschent deem, wat wënschenswäert ass, an deem, wat och ëmsetzbar ass. D'Resultat vun dëser Aarbecht soll et erméiglechen, Bausteng fir e Gesetzestext auszeschaffen. Bis dohinner läit idealerweis och eng Propositioun vun der Kommissioun fir en europäieschen Text um Dësch a mir kënnen dann, op Basis vun der Viraarbecht déi scho geleescht gouf, wärend de Verhandlunge matt den anere Staate sécherstellen, dass en zukünftegen EU-Text eise Punkte Rechnung dréit an den Niveau vun Ambitioun kritt, dee mir äis wënschen. Sollt et aus iergendwelche Grënn net esou viru goen, wéi mir dat hoffen, géif d'Basis bestoen, fir een eegenen nationale Wee ze goen.

D'Corona-Pandemie huet vill wirtschaftleche Schued ugeriicht – elo wou d'Ekonomie op der ganzer Welt allerdéngs erëm méi séier wéi erwaart unzitt, gesi mer eng Rei **Problemer an de globale Liwwerketten** entstoen. Rohstoffer gi méi deier, Energiepräisser sinn sou héich wéi scho laang net méi, an den Transport vu Gidder gëtt deementspriechend och méi deier. Dat huet en Impakt op d'Präisser fir eis Industrie, a schlussendlech och fir d'Konsumenten. Dat si Problemer an de Liwwerketten, déi een à part muss gesi vun eisen Efforten fir d'Suergfaltsflicht fir d'Entreprisen ze verbesseren, oder och fir eis Klimaziler ëmzesetzen. En Deel vun den aktuelle Problemer ass sécher **konjunkturell**, a wäert sech erëm leeën, soubal eng gewëssen Normalitéit

an d’Weltwirtschaft anzitt. Et stellt sech allerdéngs och d’Fro, ob net en Deel vun deene Problemer méi laang wäerte bestoe bleiwen, well d’Pandemie, e steigende Protektionismus, an d’Erëm-Aféiere vun Handelsbarrièren – de Brexit ass e gutt Beispill dofir – **strukturell Verännerungen** en place gesat hunn, déi mer sou séier net méi wäerte lass ginn. Hei wäerte mer äis enk matt eisen europäesche Partner ofstëmme mussen.

Als Europäesch Unioun musse mer äis beméien, fir Deel ze si vu **strategesche globale Liwwerkette** wéi zum Beispill am Beräich vun den Héichleeschtungschips. Mir mussen awer gläichzäiteg och dofir suergen, dass eis europäesch Operateuren **net onfairen Handelspraktiken** ausgesat sinn. Dofir musse mir äis méi enk matt eisen Handelspartner ofstëmmen an äis awer och déi néideg Moyene ginn, wéi zum Beispill mat engem neien **Anti-Subventiounsinstrument** oder och dem „**International procurement instrument**“. Allerdéngs muss een och do oppassen, dass mer keng zevill administrativ opwenneg Strukturen a Plaz setzen an äis net selwer Steng an de Wee leeën. Als klengt Land wësse mir nëmmen all ze gutt, dass mir op **d’Ouverture vun de Marchéen** ugewise sinn, well nëmmen esou kënne mer d’Innovatioun an d’Kompetitivitéit weiderdreiwen an eise Wuelstand an Europa erhalen.

Am Beräich vun de Konfliktmineralien huet d’Chamber elo de Gesetzesprojet, deen d’EU-Reglement soll ëmsetzen, virgeluecht kritt. Hei sti mir elo schonn am enke Kontakt mat den Entreprisen, déi betraff sinn, sou dass d’Ëmsetze vun deem Gesetz kee Problem dierft mat sech bréngen.

An dësem Kontext vläicht nach e Wuert zu engem anere Gesetzesprojet, dee mir wäerte beschwätze kënnen, nämlech dee vum Filtermechanismus, dee mir als Regierung wëllen op d’Bee setzen, fir sécherzestellen, dass keen Investissement zu Lëtzebuerg eiser Sécherheet schuet. Och hei huet d’Chamber viru Kuerzem e Gesetzesprojet virgeluecht kritt.

Dësen Text kënnt zu engem Ament an deem mir kloer gesinn, dass Investitiounen net ëmmer aus enger reng ekonomescher Logik getätegt ginn. Den Text kënnt och zu engem Ament, wou de

globale politesche Kontext ëmmer méi ugespaant ass. Den Dialog tëschent de Länner gëtt ëmmer méi schwéier, grad elo, wou et esou wichteg ass wéi nach ni, den internationalen Handel weider ze veränneren. Dofir ass et wichteg esou e Mechanismus an d'Liewen ze ruffen, mam Objektiv, dat richtegt Gläichgewiicht ze fannen tëschent op där enger Sait dem Schutz vun eisen Intressien an op der anerer Sait, dem Oprechterhaalen vun eiser Oppenheet an der Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg.

Genee wéi d'COVID-19-Pandemie, stellt de **Klimawandel** eng Erausfuerderung duer, déi sech net duerch d'Kontroll vun den nationale Grenzen andämme léisst, mä global ofgestëmmte Léisungen erfuerdert. Fir d'EU gëllt et dofir, eng féierend Roll am Beräich vun de Klima- an Ëmweltschutzmesuren ze iwwerhuelen. Déi **dramatesch Iwwerschwemmungen** dëse Summer bei äis, sou wéi och déi desastréis Bëschbränn anerwäerts, hunn op en Neits däitlech gemaach, dass mir keng Zéit méi verléieren dierfe fir ze handelen.

Mam europäesche **Green Deal** an dem Accord vun alle Memberstaaten, d'Zäregas-Emissiounen bis 2030 ëm **mindestens 55 Prozent** par Rapport zu 1990 ze reduzéieren, hu mir an Europa an deene leschte Méint schonn éiergäizeg Etappe geholl. Elo gëllt et, déi verschidden europäesch Rechtsinstrumenter un eis Ambitiounen unzepassen.

Lëtzebuerg begréisst de "Fit for 55" Pak, a mir gesinn dëst als eng entscheedend Etapp, fir dass d'EU et packt, bis 2050 zum éischte klimaneutrale Kontinent ze ginn an esou den europäesche Green-Deal kënnen ze verwierklechen.

Erlaabt mir op dëser Plaz op ee vun de Virschléi méi am Detail anzegoen. D'Kommissioun proposéiert e **Klimasozialfong** an Héicht vu ronn 72 Milliarden Euro op d'Been ze setzen, fir deenen europäesche Bierger ënnert d'Äerm ze gräifen, déi riskéieren, opgrond vun eiser Klimastrategie ënner finanziellen Drock ze geroden. Dës Transitioun wäert ganz kloer e Präis hunn an dofir brauche mir sozial Kompensatiounen, déi esou no wéi méiglech bei deene Montante leien déi et de Bierger kascht. Fir dass dat ka séchergestallt ginn, ginn ech dovunner aus, dass hei awer nach muss eng Kéier nogebessert ginn.

De Message muss kloer sinn: Keen duerf zréckgelooss ginn. Mir hu schon a verschidde Länner gesinn, wéi schnell d'Investissementer, déi mam Kampf géint de Klimawandel verbonne sinn, zu Munitioun fir grouss Protester kënne ginn, wann net gläichzäiteg Ausgläichsmoossname matt op de Wee bruecht ginn.

Déi gréng Transitioun muss och vun enger **finanzieller Transitioun** begleet ginn. Hei wäert Lëtzebuerg och weiderhinn seng Roll um internationale Plang spillen an seng Expertise am Beräich vun de gréngе Finanzen afléisse loossen, dorënner spezifesch a Saache Green Bonds.

E Freideg geet déi **26. UN Klimakonferenz zu Glasgow** op en Enn. Nach ass et ze fréi, fir ze soen, ob dës Konferenz als Erfolleg, esou wéi d'COP21 zu Paräis viru 5 Joer, wäert an d'Geschicht agoen. Bei de Verhandlunge vun der COP26 ass fir Lëtzebuerg prioritär, dass d'Reegelen betreffend den Emissiounsmaart finaliséiert ginn, an d'Fro vun de gemeinsamen Echéancen, fir déi national Kontributiounen unzepassen, gekläert ginn. International Solidaritéit mat deene Länner, déi elo schonn akut ënnert dem Klimawandel leiden, ass och essentiel. 2019 schonn hat Lëtzebuerg eng Enveloppe vun insgesamt 200 Mio EUR fir d'Joren 2021-2025 zur Verfügung gestallt. Fir d'nächst Joer wäerte mir eis Kontributioun ëm 50% erhéigen. Ugangs leschter Woch war Lëtzebuerg ënnert de méi wéi 100 Signatairen, déi sech dozou engagéieren d'Methan-Emissioune bis 2030 ëm op d'mannst 30% ze reduzéieren. De Grand-Duché ass och ënnert deene bis ewell méi wéi 130 Signatairen, déi sech derfir engagéieren, d'Zerstéieren an d'Ofholze vun eise Bëscher bis 2030 ze stoppen. Och wann zanter dem Paräisser Ofkommes eng Rëtsch Fortschrëtter gemaach gi si fir de Klimaschutz, ginn déi nach laang net duer. Mir hoffen, dass déi néideg Engagementer fir méi Ambitioun, fir eng méi séier, resolut Ëmsetzung vun den Ziler sech och an de Schlussdokumenter vun der Konferenz zu Glasgow wäerten ëremfannen.

* * *

Wärend der Pandemie sinn och eis Wäerter weider ënner Drock geroden. Iwwer 84% vun der Weltbevëlkerung liewen a Länner wou d'Rechtstaatlechkeet d'lescht Joer zréckgaangen ass. Dëse Phenomen huet scho virun der Kris ugefaangen an zanter e puer Joer ass d'Zuel vun de Länner,

an deenen d'Rechtstaatlechkeet sech verbessert huet, méi kleng, wéi déi vun de Länner wou se sech verschlechtert huet.

Och d'Europäesch Unioun, als **Wäertegemeinschaft**, bleift hei leider net verschount. Esou weist de Rechtsstaatlechkeetsrapport vun der Europäescher Kommissioun, dass a verschiddene Memberstaaten éischter Réckschrëtter wéi Fortschrëtter ze verzeechne sinn. Et muss dofir ganz däitlech gemaach ginn, dass dat ee Spill mam Feier ass, dat zu enger grousser Kris an der EU féiert.

Dofir muss de **Konditionalitéits-Regime** am Kader vum EU-Budget an dem Konjunkturpak, deen zanter ugangs vum Joer a Kraaft ass, vun der Kommissioun ëmgesat ginn. Et weist an deem Kontext villes drop hinn, dass direkt am Januar 2022 de Recours virum Europäesche Geriichtshaff soll tranchéiert ginn. Bei Verstéiss géint d'Rechtsstaatlechkeet muss a leschter Instanz kënnen um finanzielle Plang reagéiert ginn. Et ass op alle Fall ëmmer méi schwéier, fir de Birger ze erklären, firwat Länner, déi zu de gréissten Empfänger vun EU-Fongen zielen, Regierungen hunn, déi awer EU-Wäerter ignoréieren an de Rechtsstaat a Fro stellen, Regierungen, déi am Fong just um Geld aus der Unioun interesséiert sinn an hir Wäerter matt Féiss rennen. Den intensiven Dialog, dee mir déi lescht Jore gesicht hunn, huet äis leider hei net weiderbruecht, a mir sinn elo um Punkt ukomm, un deem mir eng Erosioun vun eise Wärter an der EU riskéieren. Dat ass net akzeptabel. Mir wäerten och net nokucken, wann d'Onofhängegkeet vun der Justiz a Fro gestallt gëtt, oder wann d'Korruptioun iwwerhand hëllt. Dat geet un d'Fundament vun eiser Unioun. Wann dat sech duerchsetzt, wat a Frankräich d'Nationaliste propagéieren, nämlech d'Eliminéiere vun de "Contre-poids" an der Demokratie, also d'Justiz, déi onofhängeg ass, an d'Medien, déi fräi schaffe kënnen, si mer net méi an där EU, déi mat de Réimerverträg gegrënnt ginn ass. Millioune Leit, a speziell déi, déi an d'22. Jorhonnert rawuessen, wëlle keen "Illiberalismus" à la Orban. Si géifen eis "Indifferenz" heibäi net verstoen an och ni verzeihen.

Mir mussen äis awer och den heitegen neien Erausfuerderunge stellen an déi nei **hybrid Bedrohungen,** deenen eis Demokratie ausgesat ass, konsequent bekämpfen. Online

**Desinformatioun** ass eng Realitéit, och hei zu Lëtzebuerg. Eis Ustrengungen géint d'Desinformatioun mussen also verstäerkt ginn an d'Géigemoossnamen aus dem **Europäeschen Aktiounsplang fir d'Demokratie** mussen ëmgesat ginn.

D'Europäesch Unioun ass eng **Solidargemeinschaft**. Wéi mer dëst Joer zu Lëtzebuerg, an der Belsch an an Däitschland, mä och a Südeuropa gesinn hunn: Naturkatastrophe kenne keng Grenzen an dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass mer um Niveau vun der EU séier an effikass reagéieren an Hëllef leeschte kënnen. Dëst gëtt duerch den Asaz vun europäesche Mechanismen, wéi dem Europäesche Katastropheschutzverfahren, der rescEU-Reserve an dem Europäesche Katastropheschutz-Pool erméiglecht. Op dëser Plaz wëll ech all deene Leit, déi an der Krisebewältegung involvéiert sinn, fir hir Aarbecht e grousse Merci soen.

* * *

Lëtzebuerg ass dëst Joer Member vum Bureau vun der **Ministerielle vum Rot vun der OCDE**, eng Organisatioun déi dëst Joer de 60. Joresdag vun hirer Grënnung konnt feieren. Mir freeën äis besonnesch, dass mir dat zesumme mat eisen amerikanesche Partner konnte maachen, déi d'Présidence dëst Joer hunn, an dass mir als Vizepresidence konnten zesumme mat Südkorea eisen Deel zum Erfolleg vun der Ministerielle bäidroen. Esou konnte mir eng Rei Akzenter setzen an dësem wichtege Gremium an dozou bäidroen, dass déi gréng Transitioun, den digitalen Ëmbau an eis gemeinsam Wäerter dee Stellewäert kréien, deen hinne zousteet an där neier Zukunftsvisioun vun der OCDE. Lëtzebuerg konnt seng Expertise an Erfarungen am Beräich vun de gréngen an nohaltege Finanze matt abréngen, fir géint de Klimawandel ze kämpfen, virun allem, wat d'Mobiliséierung vun den néidegen Investissementer ugeet.

Mir hunn awer och kënnen ënnersträichen, dass de Schutz vun der Rechtsstaatlechkeet, vun der Onofhängegkeet vun der Justiz an de Prinzipie vun enger gudder Gouvernance mussen Deel sinn vun all glafwierdeger Strategie, fir aus der aktueller Kris erauszekommen. Mir hunn äis och do fir e méi verantwortungsbewosst Handele vun den Entreprisen an hire globale Liwwerketten agesat, e Beräich, an deem der OCDE eng Schlësselroll zoukënnt. Den internationalen Handelssystem

muss als Intrument fir d'Bekämpfe vum Klimawandel agesat ginn an och besser d'Mënschen- a Sozialrechter schützen.

Als multilateral Institutioun spillt d'OCDE eng entscheedend Roll, fir eng méi gréng an inklusif Zukunft ze garantéieren. Dofir huet d'Regierung och décidéiert, dass mir eis Vertriedung bei der OCDE vum nächste Joer un ausbauen, fir dass Lëtzebuerg hei nach besser opgestallt ass an sech an dës Diskussiounen esou gutt wéi méiglech ka matt abréngen.

Och an engem anere Beräich kënne mir en neit Kapitel am Lëtzebuerger Engagement fir de Multilateralismus schreiwen: de 14. Oktober gouf Lëtzebuerg, fir déi alleréischte Kéier, an de **Mënscherechtsrot vun der UNO** gewielt. Mat 180 Stëmme huet Lëtzebuerg, punktgläich mat Finnland a virbäi an eisem Grupp, eng Plaz am Mënscherechtsrot kritt. Et war eis alleréischte Kandidatur a mir hate jorelaang dorop higeschafft. Mä lo fänkt déi eigentlech Aarbecht un.

Eis Prioitéiten aus der Campagne bleiwen eis Prioritéiten fir déi dräi Joer vun eisem Mandat waat den 1. Januar wäert ufänken:

- éischtens **d'Rechtsstaatlechkeet**, ouni déi et keng Demokratie ka ginn.
- zweetens **d'Handelen, fir géint de Klimawandel ze kämpfen.** De Klimawandel huet een Impakt op eng ganz Rëtsch Rechter huet: Recht op Waasser, Recht op Gesondheet, Recht op Iessen. Lëtzebuerg wäert sech asetzen, fir deenen negativen Auswierkungen vum Klimawandel op d'Mënscherechter entgéint ze steieren.
- drëttens, **d'Fraerechter** an d'Rechter vun de Meedercher, grad wéi och den Effort géint Diskriminatioune vun LGBTIQ+ Persounen,
- a véiertens, **d'Kannerrechter**. Dëst ass ee Beräich, an deem Lëtzebuerg zanter laangem eng Virreiderroll iwwerhëllt. Zevill Kanner sinn Affer vu Kricher, leiden Honger oder hu keen Zougang zu Educatioun oder Gesondheet.

Mir sinn äis eiser Verantwortung bewosst. Mir si prett, fir äis där **Erausfuerderung** ze stellen, sou wéi mir dat deemools 2013-2014 och am UNO Sécherheetsrot gemaach hunn. Op all deene

Plazen, wou mir äis international engagéieren, verteidege mir Wäerter, déi leider eng Rëtsch Länner net deelen. Souguer Länner, déi anerwäerts eis Partner sinn, stëmme reegelméisseg op enger Partie Resolutiounen de Contraire, vun deem wat mir ënnerstëtzen. Am Mënscherechtsrot si vill Sujeten uerg politiséiert, dodrun ass keen Zweifel. Déi nächst dräi Joer wäerte ganz intensiv ginn. Wéi ëmmer ass Lëtzebuerg prett, nozelauschteren, an ze hëllefen, Léisungen ze fannen. Virun allem wäerte mir **astoe fir déi universal Mënscherechter fir déi de Conseil gegrënnt ginn ass**, a mir wäerten äis net scheien, eis Positiounen ze erklären an ze verteidegen. Mir zielen drop, dass mir besonnesch eise Partnerlänner kënnen hëllefen, sech net zevill ënner Drock setzen ze loossen, an aktiv ze schaffen fir d'Situatioun vu Mënschen déi ënner Krich a Konflikter leiden, op Plaze wéi am Yemen oder am Afghanistan, ze verbesseren. Sou wéi am Sécherheetsrot, wäert Lëtzebuerg am Mënscherechtsrot alles maachen fir säi Stéckelchen derzou bäidroen, dass konkret Resultater erreecht ginn déi en Ënnerscheed um Terrain maachen.

Nieft deenen Haapt-Prioritéiten am Kontext vum Mënscherechtsrot, schaffe mir natierlech och weider an anere Beräicher, respektiv a Beräicher, déi domat zesummen hänken. Weltwäit ginn et ëmmer méi Attacke géint d'Zivilgesellschaft a géint Persounen, déi sech asetze fir d'Mënscherechter: Journalisten, Affekoten, Aktivisten – virun allem Frae ginn dacks viséiert.

Lëtzebuerg setzt sech an fir de **Schutz vun de Journalisten an ënnerstëtzt d'Fräiheet vun de Medien**, souwuel online wéi offline, bannent der UNESCO, bannent der Media Freedom Coalition, der Internationaler Partnerschaft fir Informatioun an Demokratie, bannent der Freedom Online Coalition wou Lëtzebuerg viru kuerzem neie Member ginn ass. Mir maachen och finanziell Bäiträg, zum Beispill fir de Global Media Defense Fund vun der UNESCO, oder fir der OSZE hire Projet fir d'Sécherheet vu weibleche Journalisten online, oder och nach fir dem Conseil de l'Europe seng Plattform fir d'Sécherheet vun de Journalisten ze promouvéieren. Doriwwer eraus ënnerstëtze mir och a verschiddene Länner direkt Medienorganer, déi ënner Drock gerode sinn.

Lëtzebuerg gehéiert och zu deene sechs Länner (mat Schweden, Kanada, Frankräich, Spuenien a Mexiko) déi eng **feministesch Aussepolitik** hunn. An deem Kader setze mir eis systematesch

a koherent a fir d'Rechter vun de Fraen a Meedercher, och hir sexuell a reproduktiv Gesondheet a Rechter, an hir onageschränkt kierperlech a geeschteg Fräiheet.

Zu eiser feministescher Aussepolitik gehéiert d'Ëmsetze vum **nationalen Aktiounsplang fir Fraen a Fridden a Sécherheet**, am Kader vun der Resolutioun 1325 vum UNO-Sécherheetsrot. Dëst Resolutioun gouf virun 20 Joer adoptéiert, mä vill bleift nach ze maachen. Déi verschidde Situatiounen op der Dagesuerdnung vum Sécherheetsrot weisen eis wéi entscheedend d'Inclusioun vu Fraen op allen Niveaue vum Friddensprozess als eng onverzichtbar Bedingung fir d'Konfliktléisung an d'Erstelle vum dauerhafte Fridden z'ënnerhalen.

Eisen Asaz fir d'Mënscherechter geet Hand an Hand mat eisem **Asaz fir eng mënschlech Migratiounspolitik**. D'Pandemie huet och zu neier Angscht virum Frieme gefouert, an d'Debatten an Europa iwwer Migratioun sinn nach méi verbattert ginn. Mir als Europa musse kloer Zeeche setzen, besonnesch no dem Debakel am Afghanistan, wou mir hu missen nokucken, wéi d'Taliban d'ganzt Land iwwerholl hunn an 20 Joer Fortschrëtter fir Fraen, Meedercher an Demokratie total iwwert de Koup geworf hunn. Mir mussen, iwwerall op der Welt, astoe fir Solidaritéit mat deene Leit, déi hir Heemecht musse verloossen fir ze iwwerliewen. D'Flüchtlingsrecht ass zanter 1951 an der Genfer Konventioun verankert. Dorunner dierf net geréckelt ginn. Wann ee verschiddenen EU-Länner nolauschtert, géif ee mengen, hir Regierungen hätten total vergiess, dass ee muss Member bei der Genfer Konventioun sinn, éier een der EU ka bäitrieden. Et mengt een och, si hätten total vergiess, dass hir Elteren oder Grousselteren Flüchtlinge waren, oder Verdriwwener, oder Net-Geliddener an hirem eegene Land.

Den Ament klëmmt de **Migratiounsdrock** an Europa rëm, nodeems en am Pandemie-Joer 2020 staark zréckgaange war. Am Mëttelmier-Raum, a virun allem an Italien, op de Kanareschen Inselen, op de Balearen, mä och op Zypern, kommen zanter Ufank dës Joers méi Leit un. Un eise Baussegrenzen am Osten hu mer et mat enger Instrumentaliséierung vun der Migratioun duerch en autokratesche Regime ze dinn.

An der EU leien d'Zuele wäit hannert deene vu virum Krisejoer 2015, mä et bleift vir mech kloer, dass mer eis dréngend nei Reegelen an der Unioun musse ginn, fir eng geuerdent, automatesch an obligatoresch Gestioun vun der Migratioun en place ze hunn.

D'Verhandlungen um **Migratiounspakt** ginn nëmme lues virun, fir net ze soen iwwerhaapt net, wat den Aspekt vun der Solidaritéit ugeet. Et bréngt momentan och näischt, dës legislativ Texter onbedéngt als ee Gesamtpaquet wëllen duerchzekréien; dofir leien d'Positiounen nach ze vill wäit auserneen. Vill méi setzen mir äis fir gläichméisseg Fortschrëtter op deene verschidden Elementer, déi de Paquet zesummestellen, an. De rezenten Accord zur EU Asyl Agence ass natierlech ze begréissen, well domat déi néideg Kapazitéiten kënne bereet gestallt ginn an d'Agence hir Aktivitéiten eropschrauwe kann.

Wat den Accueil vu Flüchtlinge betrëfft, esou musse mir et fäerdeg bréngen, a Krisesituatiounen eng **obligatoresch Solidaritéit** festzeschreiwen. Et kann net sinn, dass e puer vereenzelt Länner, déi wéinst hirer geographescher Lag dem Migratiounsdrock als éischt Areesland méi staark ausgesat sinn, vum Rescht vun der Unioun eleng gelooss ginn. Do geet et net duer, dass e puer vereenzelt Memberstaaten – wou Lëtzebuerg dacks derbäi war, mat eise Moyenen – ëmmer erëm gewëllt sinn, Leit déi an Nout sinn, opzehuelen. Nee, mir mussen e System op d'Bee stellen, deen eng strukturéiert Léisung bitt an deem all d'Memberstaate kënnen zoustëmmen.

Wann et muss sinn, soll d'Kommissioun dann och kënne verflichtend Zuele fir d'Relokalisatioun proposéieren. D'Relokalisatioun ass déi eenzeg Form vu Solidaritéit, déi um Terrain tatsächlech Entlaaschtung bréngt.

Verschidde Länner beschränken sech reng drop, dass ee just soll d'Grenze kontrolléieren andeems ee pickegen Drot opriicht an héich Mauere baut, fir dem Problem vun der Migratioun Meeschter ze ginn. Dat ass eng total Ierféierung. Och eng Zort Chinesesch Mauer an Europa géif keng Leit zréckhalen, déi fortlafe musse viru Misère a Krich fir e Wee ze fannen an ze iwwerliewen.

A punkto Solidaritéit mat deenen anere Memberstaaten ass Lëtzebuerg net nëmmen um Pabéier solidaresch, mä mir setzen dëst och um Terrain ëm. Trotz Pandemie hu mir äis och erëm dëst Joer verflicht (e puer Dose) Leit opzehuelen vun de Schëffer, déi am Mëttelmier ugeluecht hunn. Zanter 2019 sinn domat 77 Leit alleng am Kader vun der Relocalisation opgeholl ginn. Leider hunn zwee Drëttel vun den EU Memberlänner nach kee Mënsch opgeholl.

Wat international Solidaritéit ugeet, hëllt Lëtzebuerg och seng Responsabilitéit. Et goufen 329 Leit am Kader vum Resettlement (also der Réinstallatioun) opgeholl zanter 2015, a mir hunn äis engagéiert fir 2022 weider 50 Leit opzehuelen.

International Solidaritéit weise mir och an der **Afghanistan Kris**. Dofir huet Lëtzebuerg sech mat Nodrock fir e Forum fir Afghanistan agesat, deen de 7. Oktober organiséiert gouf. Hei konnte mir kloer Message ginn, dass mer solidaresch si mat deene Leit, déi zanter der Muechtiwwernam vun den Taliban engem Risiko ausgesat sinn. Ech sinn optimistesch, dass mer et hikréie wäerten, duerch e concertéierten Effort vun der internationaler Communautéit, de Besoinen, déi vum HCR identifizéiert goufen, gerecht ze ginn.

Zanter Mëtt August hu mir vill Efforte gemaach, fir Lëtzebuerger Awunner vun afghanescher Hierkonft a vulnerabelen afghanesche Staatsbierger an Nout ze hëllefen. An enger éischter Phas hu mir et fäerdeg bruecht, an Zesummenaarbecht mat eisen europäesche Partner, a besonnesch eise Benelux Partner, 25 Leit direkt aus Afghanistan ze evakuéieren. Dozou kommen eis Engagementer am Kader vun der EU an der NATO, wou mir jeeweils Famillen heihinner bruecht hunn. Nodeems déi international Truppen sech zeréckgezunn haten an de Flughafen zu Kabul net méi funktionéiert huet, hu mir weidere Leit, déi direkt a Gefor waren, Zousoen gemaach, fir si opzehuelen aus Pakistan duerch d'Ausstellen vun Visaen. Parallel zu den Evakuatiounen, traitéiere mir divers Demanden fir d'Familljenzesummenféierung. Aktuell sinn d'Prozeduren amgaang fir ronn 100 Leit. Zanter August goufen och 28 Titres de Séjour fir 'Familljememberen' ausgestallt.

Wat d'Analyse vun den Asyl-Dossieren ugeet vun Afghanen, ass et zanter der Prise de Pouvoir vun den Taliban ganz schwiereg, oft souguer onméiglech, un objektiv Informatiounen ze kommen, déi eis géingen erlaben, an all den Dossieren, déi am Moment nach unhängeg sinn, d'Decisiounen ze huelen. Eis Approche ass de Moment ganz kloer nom Intérêt vun de Leit ausgeriicht.

1. Déi, déi offensichtlech eng Protectioun ze gutt hun, kréien dës accordéiert.
2. Bei Leit, déi an engem anere Memberstaat schonn eng Demande gestallt haten – déi sougenannten Dubliner – oder déi schonn eng Protectioun vun engem aneren EU Land kruten, treffe mer och d'Entscheedung am Aklang mam EU-Recht.
3. Déi Dossieren, déi de Moment riskéieren, eng negativ Decisioun ze kréien, ginn en Suspens gehalen, bis mer méi Informatiounen hunn. Déi administrativ Geriichter sinn eiser Positioun nogaangen an hunn d'Délaie verlängert fir der néier Situatioun Rechnung ze droen.

Tëschent Mëtt August an Enn dës Mounts wäerte 54 Afghanen internationale Schutz kritt hunn. Parallel hunn 71 Afghanen eng Demande bei äis gemaach. D'Interviewe mat den Afghane ginn och virun, esou dass nach ouni Zweifel weider Leit dëst Joer de Statut wäerte kréien.

Verschidden Dossiere sinn de Moment en Suspens well et sech notamment ëm Persounen handelt, déi ni am Afghanistan gelieft hunn oder déi keng perséinlech Motiver uginn hunn. Eise Ministère huet och d'Affekote vun de Leit kontaktéiert, fir dass si nei Elementer en Faveur vun hire Clienten un äis an d'Geriichter solle schécken.

D'nächst Woch wäerten nei Guidelines vun EASO iwwert d'Asyl-Demande vun den Afghanen erauskommen. Dëst mam Zil, fir d'Prise de décision an der EU eenheetlech ze gestalten an esou och Mouvements secondaires ze limitéieren.

Fir allgemeng Kloerheet ze schafen, dräi Remarken :

1. Mir hunn deemno d'Prise de décision am Asyl fir d'Afghanen net gestoppt.
2. Als quasi eenzegt Land an der EU huet Lëtzebuerg an de leschte Joeren keng déboutéiert afghanesch Leit an den Afghanistan zréckgeschéckt.
3. All afghanesch Leit, déi a leschter Instanz deboutéiert sinn, kënnen eng nei Demande maachen oder natierlech, wann si schaffen, iwwert d'Aarbecht regulariséiert ginn.

Mir hunn äis domat eng Approche ginn, déi mënschewierdeg ass an eis international an europäesch Obligatioune voll a ganz erfëllt. Allerdéngs ënnerläit all eenzelen Dossier enger Prozedur, déi och strikt Sécherheetsiwwerpréiwunge beinhalt, wat seng Zäit brauch.

Fir dass d'Gestioun vun der Migratioun geléngt, muss och de Schutz vun eise Baussegrenzen uerdentlech fonktionnéieren. An deem Zesummenhang si mir gespaant op d'Virschléi vun der Kommissioun, déi an den nächste Woche solle presentéiert ginn an de Schengen-Raum stäerke sollen. D'Kommissioun huet awer och Ambitiounen, fir dass mir an der Migration légale nobesseren. Se wëll äis do nei Propose maachen. Mir dokteren zanter eiser leschter Présidence am Joer 2015 dorunner a kréien et einfach net ronn, konkret ze ginn.

Et däerf net sinn dass et *push backs* op verschiddene vun den europäesche Baussegrenze gëtt. Un der Grenz vu Polen a Wäissrussland sinn esouguer Leit erfruer. De Respekt vun de **Mënscherechter a vum internationale Recht** muss am Zentrum vun allem stoen, wat mir maachen. Dozou gehéiert natierlech och, dass Famillje mat Kanner déi lamentabel Konditiounen an de Lager sollen erspuert bleiwen. Do mussen adequat Strukture geschafe ginn, fir d'Leit opzehuelen soulaang wéi hir Demande beaarbecht gëtt. Si dierfen net a Strukturen agespaart ginn, déi schlëmmer wéi Prisonge sinn. De Migratiounsdrock kann net derzou féieren, dass mer d'Mënscherechter an Deeler vun Europa a Klammere setzen.

* * *

D'Thema **Désarmement an Non-prolifération** ass a bleift zentral, wat d'Sécherheet an Europa an op der Welt betrëfft. Dofir setzt sech Lëtzebuerg an fir d'Erhalen an d'Stäerke vun eiser Sécherheetsarchitektur, zesumme mat eise Partner an deem Beräich. Dat geschitt engersäits duerch de Respekt, d'Ëmsetzung an d'Färderung vun den Traitéën a Conventiounen an deem Beräich, an anerersäits duerch  een erneierten a verdéiften Dialog tëschent deene Staaten, déi diametral opposéiert Politiken hunn.

Lëtzebuerg bedeelegt sech aktiv un Initiativen, deenen hiert Zil d'**Ofrüstung** vu spezifesche Waffekategorien ass, oder och d'**Begrenzung** vun eenzele Rüstungssystemer. Dat geschitt op Basis vu bannenden internationale Verträg, déi Staten zu konkreten Ziler engagéieren. Dat gëllt natierlech fir konventionell Waffen, mä virun allem fir Massevernichtungswaffen. An deem Kontext gëllt eis besonnesch Opmierksamkeet dem Vertrag fir d'Net-Verbreedung vun Nuklearwaffen (den Traité de non-prolifération, TNP), de Verträg fir d'Verbuet vu chemeschen (CWC), biologeschen a gëftege Waffen (BTWC) sou wéi de multilaterale Regimer fir Exportkontroll, déi den Handel mat sensibelen Technologien hëllefe reguléieren. Mir schaffe mat un allen europäeschen Initiativen, déi déi Verträg ënnerstëtzen an engagéieren äis aktiv bei de Réunioune vun de Memberstaate vun deene Verträg, besonnesch, wann e Vertrag op de Leescht geholl gëtt, fir iwwerschafft ze ginn. D'Pandemie huet do zu enger gewësser Verspéidung am Rhythmus vun de Réunioue gefouert, wat net gutt ass, am aktuelle Kontext. Mir preparéieren äis aktiv op d'Review Conference vum TNP, déi hoffentlech fréi d'nächst Joer ka stattfannen.

Lëtzebuerg setzt sech awer net nëmme fir de Verbuet oder d'Reguléiere vum Handel mat Waffen an Technologien an, mä ënnerstëtzt och verantwortungs- a vertrauensschafend Mesuren. Dëst virum allem mat Bléck op den humanitären Impakt vum Waffenhandel, an och, well Vertrauen d'Basis ass, fir  Verifikatiounsmesuren ze huelen, déi Transparenz garantéieren sollen. An dësem Beräich, wéi iwwerall, ass d'Vertrauen de Grondsteen fir all tëschestaatlechen Dialog, an dozou wëlle mir bäidroen.

Mir beméien eis iwwerall do, wou mir multilateral schaffen, derfir, dass mateneen an net laanschtenee geschwat gëtt. Dat ass ee fundamentale Prinzip fir äis, virun allem wat eis Relatioune mat Länner betrëfft, mat deene mir äis net eens sinn. Et muss een sech jo net eens sinn, fir mateneen ze schwätzen. Den Dialog bléiwt déi beschte Méiglechkeet, fir sech Kloerheet ze verschafen, a fir präzis Messagen ze formuléieren. An där Logik begréisse mir ausdrécklech, dass déi zwou **gréisst Nuklearmuechten, d'USA a Russland, en neie strategeschen Dialog ugefaangen hunn**. Si hunn och de Grondprinzip nees bekräftegt, deen de Reagan an de Gorbachov viru Joerzéngten établéiert haten: "En nukleare Krich kann net gewonne ginn, an en dierf nie gefouert ginn." ("Nuclear war cannot be won and must never be fought").

* * *

Déi rezent Krisen hunn eis gewisen, dass eng staark klimapolitesch a wirtschaftlech Féierungsroll vun Europa vun zentraler Wichtegkeet ass. Wärend een nach virun e puer Joer geduecht huet, dass mam Opbléie vun den Demokratien uechter d'Welt mir an eng Phase kéimen, déi dem "Enn vun der Geschicht" géif gläichen, sou wéi de Francis Fukuyama et nom Fall vun der Berliner Mauer ausgedréckt hat, hu mir rezent Entwécklungen gesinn, déi sech grad am Géigesaz zu eise fräien, maartbaséierten Demokratien ubidde wëllen.

Mir si ferm zréck an enger **multipolarer Welt** ukomm. D'EU muss sech un dës nei Realitéit upassen an hir Positioun bannent enger neier globaler Konstellatioun verstäerken. Mir sinn ukomm an engerÄra vun neie regionale Rivalitéiten, an där d'Groussmuechten hir Relatioune matenee nei ausbalancéieren.

Ënnert dësen Ëmstänn muss d'Äntwert sinn: méi Europa. Mir brauchen elo en Europa dat u sech gleeft. En Europa dat zouversiichtlech ass. En Europa dat Matgefill weise kann. Virun allem awer en Europa dat couragéiert ass. Dofir musse mir Europa och d'Mëttele ginn, fir als **e wichtege Pol an där neier multipolarer Welt** opzetrieden an eis Wäerter vu Solidaritéit, Mënscherechter a Rechtsstaatlechkeet ze verdeedegen.

Dës Entwécklungen obligéieren äis natierlech och, iwwert **eis Opstellung** nozedenken an doriwwer, wéi mir eis Positiounen am Beschten dobausse vertriede kënnen. Dëst fänkt an der **Groussregioun un**. Hei hate mir eis scho virun der Kris nei opgestallt am Ausseministère an och eis Zesummenarbecht mat dem Departement vun der Groussregioun vu menger Kollegin der Ministesch Corinne Cahen verdéift. Dat ass äis wärend der Kris zugutt komm. Mir wäerten dëse Wee weidergoen a kucken, wéi mir äis nach verbessere kënnen, sief et op eisen Ambassaden an den Nopeschlänner, oder och duerch de Reseau vun eisen Honorarkonsulen an der Groussregioun.

Och an Europa musse mir eis Opstellung regelméisseg hannerfroen, fir sécherzestellen, dass mir eis Ressourcen esou gutt wéi méiglech asetze fir äis un nei Realitéiten unzepassen. Aus deem Grond ass och d'Decisioun geholl ginn, fir eng **Ambassade an Irland** opzemaachen. Dës permanent Evaluatioun gëtt net nëmmen zesumme mat den anere Ministèren ënnerholl, mä och am Dialog mat eise Wirtschaftsakteuren.

* * *

Déi nei Multipolaritéit am internationale Staate-System stellt eng néi Realitéit duer, an där d'Muechtverhältnisser sech änneren. Dofir brauche mir, ech soen et nach eng Kéier, e staarkt Europa dat net fäert, sech fir seng Iwwerzeegungen anzesetzen. Dat gëllt un éischter Stell fir **eis direkt Noperschaft**.

Wann een iwwert d'Grenze vun der Europäescher Unioun eriwwer kuckt, muss ee feststellen, dass op eisem Kontinent net iwwerall déi selwecht Zoustänn herrschen.

An der **Noperschaft vun der EU** bleift Lëtzebuerg en eendeitegen Ënnerstëtzer vun der Erweiderung vis-à-vis vun de **Westbalkanlänner,** baséiert op der Erfëllung vun de Kopenhagener Kritären. Dat opgrond vun der Promesse vun 2003 un all d'Balkanlänner.

D'Kandidatelänner kënnen de Rhythmus vun de Bäitrëttsverhandlungen duerch hir eege Reformagenda fixéieren. Wat dës Reforme méi séier ëmgesat ginn, wat ee Land méi no bei d'EU kënnt. D'Reegele vum Club si kloer an allgemeng bekannt; et geet ëm d'Ëmsetze vum EU-Acquis.

Natierlech wäerte mir d'Länner weider encouragéieren, déi néideg Reformen ze maachen, déi net ëmmer einfach sinn. Mir bleiwen och engagéiert, fir politesch a finanziell Ënnerstëtzung unzebidden fir dëse Prozess z'erliichteren. Trotzdeem muss d'Haaptaarbecht vun de Kandidateländer kommen, sou wéi et an alle fréieren Erweiderungsronnen de Fall war.

Leider sinn d'Fortschrëtter a ville Beräicher net esou séier, wéi mir äis dat erhofft hätten a virun allem ass d'Entwécklung am Beräich vun den demokratesche Wäerter a verschiddene Länner enttäuschend. Hei wäerte mir ganz genee drop kucken, vläicht nach méi genee wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war. Gläichzäiteg wäerte mir déi Länner och weiderhinn ënnerstëtzen an hirem EU-Integratiounsprozess. Dëst geschitt am Kader vun eise bilaterale Programmer fir teschnesch Ënnerstëtzung, mat deene mir de Bäitrëttsländer Formatiounen an Expertise ubidde fir EU-Legislatioun a Standarden ëmzesetzen a Kapazitéiten a Schlësselberäicher opzebauen. Iwwert eis Kontributioune fir international Finanzinstitutiounen hëllefe mir och am Balkan bei der Entwécklung vu PME'en oder ënnerstëtze Fraen, fir Entreprisen opzebauen. Mir hunn awer och an de leschte Joren eis bilateral Ënnerstëtzung fir d'Zivilgesellschaft an deene Länner ausgebaut, esou wéi och eis Hëllef fir d'Pressefräiheet an de Schutz vu Minoritéiten. Doriwwer eraus offréiert den Ausseministère eng Rei Stipendien u Studenten aus der Regioun fir Studien am EU-Recht.

D'Fortschrëtter an de Balkan-Länner kommen net esou séier virun, wéi gehofft. Dat huet verschidde Grënn. Een dovunner ass déi tragesch rezent Geschicht a virun allem d'Tatsaach, dass déi Evenementer nach ëmmer vu verschiddene politesche Kreesser mëssbraucht ginn, fir hir Partikularinteressen no vir ze bréngen. Vun enger **richteger Reconciliatioun** esou wéi mir se hei nom Zweete Weltkrich fäerdegbruecht hunn, si mir leider nach wäit ewech. De Kosovo ass wuel nach net offiziell e Kandidateland, mä déi ugespaante Situatioun laanscht **d'kosovaresch-serbesch Grenz** ass e gutt Beispill fir d'Fragilitéit am Balkan. De Pristina-Belgrad Dialog trëppelt op der Plaz a riskéiert ëmmer nees, an de Koup ze falen. Och wann en EU-mediéierte Kompromëss den 30. September fonnt gouf, fir d'Spannungen am Norde vum Kosovo ze léisen an un enger nohalteger Léisung ze schaffen, déi d'Beweegungsfräiheet fir all Mënsche garantéiert, si weider Moossname, fir d'Situatioun um Terrain ze de-eskaléieren, noutwendeg.

Béid Parteie musse sech konstruktiv um Dialog bedeelegen, fir séier Fortschrëtter ze maachen an zu enger ëmfaassender Normaliséierung vun hire Bezéiungen ze kommen.

**Nordmazedonien an Albanien** hunn all d'Konditioune erfëllt, fir d'Bäitrëttsverhandlungen opzemaachen. Leider bleift d'Adoptioun vum Verhandlungskader mat Nordmazedonien ëmmer nach blockéiert, speziell duerch komplex bis net richteg verständlech Positioune vu Bulgarien déi ze dinn hu matt der Geschicht, der Identitéit an der Sprooch vun Nordmazedonien. Mir mussen aus dëser Sakgaass erauskommen, an dofir suergen, dass mir op dësen Theme weiderkommen. Mir däerfen d'Bierger vun Albanien an Nordmazedonien net enttäuschen! Et geet hei och ëm d'Glaafwierdegkeet vun eiser Erweiderungspolitik.

Déi negativ Auswierkunge vum net-Anhale vun eise Versprieche gesi mer un der Destabiliséierung vun enger vun den europafrëndlechste Regierunge vum Balkan, nämlech an Nordmazedonien.

D'Situatioun an der **Tierkei** ass a bleift extrem schwiereg, mä et däerf een net vergiessen, dass d'Tierkei ee wichtegt Land fir d'EU ass. Mir mussen an all eisen Echange mat der Tierkei ënnersträichen, dass d'Mënscherechter an de Rechtsstaat net verhandelbar sinn. Mir setzen äis dofir an, fir d'Kommunikatiounskanäl mat Ankara oprecht z'erhalen fir d'Méiglechkeet ze hunn, positiv op déi tierkesch Regierung awierken ze kënnen. D'Mënscherechtslag an d'Situatioun vum Rechtsstaat an der Tierkei maachen engem grouss Suergen. Et ka keng Rechtfäerdegung dofir ginn, fir Journalisten, Akademiker an Oppositiounspolitiker muttwëlleg ouni rechtlech Uklo an ouni faire Prozess anzespären. De Mënscherechtsverteideger Kavala sëtzt elo zanter 4 Joer onschëlleg am Prisong, wéi vill anerer och. Ouni Prozess. D'Tierkei ass Member vum Europarot an ass amgaang, ëmmer méi wäit vun de Prinzipien vun deem Conseil ewech ze kommen. Mir suivéieren d'Situatioun ganz genee a wäerten äis och weiderhinn, zesumme mat eisen europäesche Partner, fir de Respekt vun de Mënscherechter an dem Rechtsstaat an der Tierkei asetzen, och duerch bilateral Projeten ënnert anerem mat Akteuren aus der Zivilgesellschaft. Lëtzebuerg ass de Moment net en faveur vun EU-Entgéintkommen op Froe wéi Zollunioun oder

Visafräiheet, soulaang d'Mënscherechter an dësem grousse, wichtege Land mat Féiss gerannt ginn.

Nieft der Promotioun vun der Rechtstaatlechkeet an de Mënscherechter bleift natierlech och d'Stabilitéit an eiser Noperschaft eent vun eisen Haaptzieler. An eiser direkter Ëmgéigend, am **Südkaukasus**, hate mir bis viru Kuerzem ee Krich tëschent zwee Länner déi allebéid Member vum sougenannten Östlecher Partnerschaft vun der Europäescher Unioun sinn. Och wann lo Wafferou tëschent Armenien an dem Azerbaïdjan herrscht, sou wësse mer awer och, dass d'Situatioun ugespaant bleift. No deem Krich bleift villes opzeschaffen tëschent Armenien an Azerbaidjan. D'EU kann do eng Hand upaken an mir hoffen, dass d'Tierkei hieren Afloss an der Regioun positiv notze wäert. Am **Belarus** huet de Lukashenko zanter de gefälschte Walen d'lescht Joer op stuer geschalt. D'Diktatur hei ass a voller Bléi. No der Repressioun vun der Oppositioun an sengem eegene Land, huet hien sech wéi ee Raiber beholl, an net gezéckt ee Ryanair-Flug ëmdréinen ze lossen, fir den Regime-kritesche Roman Protasevic fest ze huelen. Wärend dem Summer huet hien dunn ugefaangen, Migranten, aus Afrika a Syrien virum allem, z'instrumentaliséieren, fir EU-Länner a Bedrängnis ze bréngen. De Lukachenko spillt mat Mënscheliewen, fir d'EU z'erpressen. D'EU ënnerstëtzt weiderhinn d'Zivilgesellschaft a Wäissrussland, déi net d'accord ass mam Lukachenko senger rücksichtloser Politik. Mir si solidaresch mat deenen EU Länner, déi ënner Drock gerode sinn an stinn hinnen och bilateral mat konkreter Hëllef bäi. Allerdéngs erwaarde mir och, wéi virdru scho gesot, dass d'Sécherung vun den EU-Baussegrenzen am Respekt vun der EU Legislatioun an dem internationale Recht geschitt. Déi Szenen, déi sech an de leschte Wochen ob där Grenz ofgespillt hunn, si mënscheveruechtend.

Och an der **Ukraine**, wou ech dëst Joer schon zweemol war, ass d'Situatioun net besser gi matt Bléck op d'Krim an d'Donbass-Regioun. Eis ëstlech Noperschaft, déi sou wichteg ass fir eis eege Stabilitéit, ass nach ëmmer an engem ganz fragillen Zoustand.

Eng Geleeënheet, fir der Regioun een neien Impuls ze ginn, wäert sech am Dezember bidden, wa mir äis mat deene sechs Länner vun der Ëstlecher Partnerschaft op engem Sommet treffen. Et

ass an eisem europäeschen Intérêt, dass dës Regioun sech friddlech entfalen an ekonomesch entwéckele kann. Natierlech wäert de Lukachenko do net um Dësch sëtzen, mä et ass ze hoffen, dass eng Léisung ka fonnt ginn, fir dass Wäissrussland iergendwéi weider an enger Relatioun mat der EU bleiwt, wéinst de Mënschen a Wäissrussland, déi eppes Besseres verdéngt hunn.

Et ass ze bedaueren, dass mir mat eisem gréissten ëstleche Partner, nämlech **Russland**, nach ëmmer net de Wee fonnt hunn, fir eis Bezéiungen op eng aner Schinn ze kréien. Ech bleiwen iwwerzeegt, dass mir a ville Beräicher kéinten zesummeschaffen – op dem Klimaschutz, an der Terrorismusbekämpfung, am Friddensprozess am Mëttleren Osten oder am Energieberäich. Dofir misste mir awer rëm dat néidegt Vertrauen hierstellen. Leider konnten déi puer Geleeënheeten déi sech ugebueden hunn, net genotzt ginn. D'Zoumaache vun der NATO-Vertriedung vu Russland zu Bréissel ass net hëllefräich. Russland an d'EU liewen sech ausenaner an dat ass net gutt. Mat Nostalgie kucken ech heiansdo 10-15 Joer zréck, op eng Zäit wéi d'Partnerschaft grouss geschriwwe gouf. Nunn, Nostalgie an Aussepolitik verdroe sech net. Aussepolitik a Gedold an Intelligenz, schon. D'Welt däerf dach an dësem Joerzéngt net vun enger totaler Feindschaft tëschent Amerika a China, engersäits, an enger selwechter politescher Aversioun tëschent Europa a Russland, anerersäits, gedriwwe ginn. Ofgesinn dovun, dass dëst Dynamit fir de Weltfridde schlechthinn wier, géife grouss Ziler vun haut, Ziler, wéi z.B. d'$CO_2$-Neutralitéit bis Mëtt vum Jorhonnert, lamentabel scheiteren un enger latenter Destabiliséierungsgefor vun all multilateraler Zesummenaarbecht. D'EU ass kee Weltpolizist, mä d'Geschicht vun Europa am 20. Jorhonnert muss à la fois warnen a weisen, dass och eng ziviliséiert Kultur vun Ëmgang matenaner, an esouguer vu Fridden, méiglech ass.

* * *

Et gëtt nach vill ze soen iwwert **d'Fragilitéit vun eiser Noperschaft an d'Noutwendegkeet fir d'EU, do hir Roll voll a ganz ze spillen**. Sou musse mir **Tunesien**, an zemol hire Präsident, iwwerzeegen, fir de Rechtsstaat an déi demokratesch Institutiounen nees vollstänneg un d'Rullen ze bréngen. Déi lescht Entwécklungen hei mussen äis Suerge maachen. Verfassunge kënnen net per presidentiell Dekreter geännert ginn. Hei steet d'Demokratie op der Kopp. De

Friddensprozess a **Libyen** ass op engem gudden, mä fragile Wee, an d'Walen, déi am Dezember geplangt sinn, sinn eng wichteg Etapp. Mir musse mat alle Partner dru schaffen, **d'Transitioun am Mali** virunzebréngen, an d'Autoritéite vum Mali dervun ze iwwerzeegen, dass Europa dee richtege Partner ass, an net d'Sëldnertruppe vun der Firma Wagner, déi keen internationaalt Recht a kee Gewësse kennen.

**Iwwert eis Noperschaft eraus** ass d'EU e globalen Akteur a Partner. Enn Oktober war ech zu Kigali am Ruanda wou ech mech, am Kader vun der **EU Reunioun mat der Afrikanescher Unioun**, mat eisen afrikanesche Partner ausgetosch hunn. Dëst war eng wichteg Etappe am Virfeld vum Sommet tëschent der Afrikanescher an Europäescher Unioun, deen d'nächst Joer am Februar stattfanne soll. Dat sinn Houmassen, natierlech, mä et ass wichteg, d'Signal ze ginn, dass Europa Afrika wichteg hëllt, an net just als Urpsrong vu Krich, Gewalt, Migratioun an Trafficker vun aller Zort ugesäit. Afrika ass a bleift e Kontinent vu groussen Opportunitéiten a Potenzial un deem och Europa säin eegent Interesse weise muss. Grad elo, wou aner global Akteuren hir Präsenz an Afrika verstäerken, muss och Europa mat senge Wäerter vertruede sinn. Et ass Zäit, dass mir mat Afrika eng nei Partnerschaft opstellen, an dëse Kontinent als vollwäertegen Partner ugesinn an net nëmmen als Empfänger vun der europäescher Entwécklungspolitik. Afrika ass jo och ee politeschen a wirtschaftlechen Akteur mat enormem Potenzial, besonnesch mat enger dynamescher a jonker Bevëlkerung, dee mer och an där Roll musse wouer huelen.

Leider ass den Kontinent awer och ëmmer nach vu al-bekannte Problemer geplot, un éischter Stell vu Kricher, déi sech a Mënscherechtsverletzungen an an humanitär Urgencen nidderschloen. Militär-Putschen, vun deene mer duechten, dass si eng Saach vun der Vergangenheet wieren, sinn och erëm am Opschwong. Mir hunn dat am Mali an am Tschad gesinn, a kierzlech och an der Guinée an am Sudan.

Viru bal genee engem Joer ass am Norde vun **Ethiopien**, am Tigray, ee brutale Krich ausgebrach, ausgerechent an deem Land, deem säi Premier Minister fir säin Asaz fir de Fridde mat sengem erythreeëschen Noper 2019 de Friddensnobelprais krit hat. Déi humanitär Kris, déi elo do herrscht ass erschreckend: 7 Millioune Mënsche sinn haut ofhängeg vun humanitärer Hëllef. Et

ass akut Hongersnout. De Rapport, deen d'lescht Woch vum Bureau vun der Haute-Commissaire fir d'Mënscherechter, zesumme mat der Ethiopescher Mënschrechtskommissioun publizéiert gouf, huet d'Ausmooss vum mënschleche Leed am Tigray dokumentéiert. Dëse Rapport ass eng wichteg Etapp fir déi Schëlleg vu schlëmme Mënscherechtsverletzungen zur Rechenschaft ze zéien. Bei menger Visite virun e puer Wochen zu New York beim UNO-Generalsekretär Guterres war leider a sengen Informatioune keen Optimismus ze verspieren. Déi lescht Nouvelle si beonrouegend. D'Rebellen aus dem Tigray marschéieren op Addis, an de Premier Minister Abiy huet d'Bevëlkerung opgeruff, sech Waffen ze besuerge fir d'Haaptstad ze verteidegen. Dat ass en Szenario, deen absolut muss verhënnert ginn. Lëtzebuerg, wéi mir all an der EU, mussen äis weiderhinn asetze fir dass eng definitiv Wafferou antrëtt. Nëmmen ee politeschen Dialog kann zu enger Léisung féieren. An deem Kontext ass et ze begréissen, dass an deene leschten zwee Deeg eng méi positiv diplomatesch Dynamik konnt entstoen, ënnert der Leedung vun den USA an dem Envoyé spécial vun der Afrikanescher Unioun Obasanjo. Ethiopien ass weiderhin ee ganz wichtegen Akteur an der ganzer Regioun an och dofir muss onbedéngt eng politesch Léisung fonnt ginn.

* * *

**China** ass a bleift e wichtege Partner fir eis, mä China ass och e Konkurrent, deen eis Wäerter zu engem groussen Deel net deelt. Dat gouf d'lescht Joer nach méi däitlech, wéi d'EU huet misse Sanktioune géint Verantwortlecher vu Mënscherechtsverletzungen an Zwangslageren am Xinjiang décidéieren. China huet doropshi Sanktioune verhaange géint Membere vum Europaparlament an national Parlamentarier, Akademiker, Fuerschungszentren an Think tanks, a géint EU-Diplomaten. Wéi dir wësst sinn och dräi Lëtzebuerger, duerch hir Funktioun, vun dëse Sanktioune betraff. Déi chinesesch Sanktioune si bedauerlech an inakzeptabel, a mir hoffen, nees duerch Dialog matt China hei eng Léisung kënnen ze fannen. D'EU muss souwuel iwwert eis gemeinsam Interesse mat China schwätze kënnen, wéi och iwwert déi méi schwéier Sujeten, wéi d'Mënscherechter. Eppes ass kloer : d'EU, an och Lëtzebuerg, wäerte sech weiderhi fir de Respekt vun de Mënscherechter, och am Xinjiang, asetzen. Et ass ze hoffen, dass de Prinzip vun der "One-China-Policy" net a Fro gestallt gëtt duerch eng militäresch Interventioun op Taiwan. Dëst géif de

Weltfridde mat Sécherheet an eng turbulent Phas stierzen. Och d'Situatioun zu Hongkong mécht äis Suergen. D'Gesetz iwwert d'national Sécherheet schränkt d'Meenungsfräiheet dramatesch an a schaaft e Klima vu permanenter Kontroll.

Mir sichen och weiderhinn **den Dialog an d'Kooperatioun mat China** op Sujete wéi dem Kampf géint d'Pandemie a géint de Klimawandel, wou China eng essentiell Roll ze spillen huet. Dat selwecht gëllt och fir d'Gestioun an d'Léisung vu regionale Problemer – zum Beispill am Kontext vum Afghanistan, wou mir versiche mussen, matt China zesummenzeschaffen. China an d'EU hunn e gemeinsamt Intressi fir e stabilen a friddlechen Afghanistan, vun deem keng Gefor fir keen ausgeet.

An deenen neie Konfrontatiounen, déi mir um internationale Plang musse feststellen, hu sech net nëmmen d'Muechtverhältnisser geännert, mä och d'Mëttelen, mat deene versicht gëtt, de Géigner ze destabiliséieren. An dësem Zesummenhang gëtt de **Cyberspace** opgrond vu senger natierlecher Multipolaritéit als Konfliktraum ëmmer méi relevant.

Am Laf vun de Joren huet de Cyberspace sech net nëmmen als de fräien Informatiounsraum erwisen, deen d'Zensur neutraliséiere kann a Meenungsfräiheet iwwerall op der Welt erméiglecht. Verschidden Acteuren hu verstane, dass dës absolut Fräiheet an Oppenheet vum Cyberspace fir d'Ëmsetzung vu geopoliteschen Ziler am Sënn vun Desinformatioun, Spionage a Sabotage mëssbraucht kënne ginn.

Beonrouegend ass, dass mat geréngem Opwand an zu engem nidderege Präis Informatioune ganz einfach zu enger Waff ëmgemodelt kënne ginn, mat enorme Konsequenze fir eise politesche System an eis oppe Gesellschaft. Dës hybrid a Cyber-Methoden zilen drop of, den demokratesche Prozess ze sabotéieren an eist soziaalt Mateneen duerch d'Verbreede vu cibléierte Ligen ze destabiliséieren an ze vergëften. Se notzen d'Oppenheet vun eiser Gesellschaft ënnert dem Deckmantel vun der Meenungsfräiheet aus, wéi mer et bei de Walen an den USA 2016 gesinn hunn, oder méi rezent am Kontext vun der Impfung géint de Covid. Hei duerfe mir net naiv sinn!

Cyber-Attacke viséieren och reegelméisseg d'Infrastrukture vun eise westleche Länner. Sou hybrid a Cyber-Methoden bleiwen an enger Grozon, an dofir ass et besonnesch schwéier, esou Attacken ofzewieren an äis Wäerter a Prinzipien am Cyberspace ze verdeedegen.

Dofir mussen mir äis derfir asetzen, **dass internationaalt Recht och am Cyberspace** gëllt an vun alle Staate respektéiert gëtt. Wärend der Pandemie, wéi mir nach méi wéi soss op d'Internet an eng weltwäit virtuell Kommunikatioun ouni Grenzen ugewise waren, ass äis verstäerkt bewosst ginn, wéi wäertvoll e fräien an demokratesche Cyberspace ass.

* * *

Trotz der Pandemie, hunn mir keng Efforte gescheit, **eis Wirtschaft an der ganzer Welt ze promouvéieren**. Eist Netzwierk vun Ambassaden, Konsulater, a Büroë fir Handel an Investitiounen, stoung an dësen Zäiten méi wéi jee am Déngscht vun eise Bierger an Entreprisen, déi oft gezwonge waren, hir international Aktivitéiten op Distanz ze geréieren. Do hunn eis Leit op der Plaz oft kënnen zolitt eng Hand mat upaken, a wichteg Dossiere weiderdreiwen.

**D'Konnektivitéit tëschent Europa an Asien** gëtt ëmmer méi wichteg, a gëtt duerch déi nei Strategie vun der EU fir den Indopazifik verstäerkt. Eisen diplomatesche Reseau an Asien hëlleft eisen Entreprisen, méi enk Kontakter op dëse Mäert ze knäppen. Esou fërdere mir weider eis wirtschaftlech Bezéiungen op etabléierte Marchéë wéi China, Japan, oder Südkorea. Wei dëst Joer annoncéiert, wäert Lëtzebuerg och mat engem Pavillon op der Expo 2025 zu Osaka derbäi sinn. Dat ass e wichtegt Signal a stäerkt eis laangjäreg Partnerschaft a Frëndschaft mat Japan.

Zur selwechter Zäit siche mir permanent no neien Opportunitéite fir eis Entreprisen an opstriewende Mäert wéi zum Beispill an den ASEAN Länner. D'nächst Joer wäerte mir och erëm eisen traditionellen ASEAN Day zu Lëtzebuerg organiséieren.

D'Pandemie huet och heiansdo gehollef, eise Betriber **Accès op nei Marchéen** ze verschafen. Sou konnt zum Beispill B Medical Systems vun Housen, déi speziell Frigoe fir de medezinesche Beräich produzéiert, mat der Ënnerstëtzung vun der Regierung a vun eiser Ambassade zu Delhi, a Rekordzäit eng Fabrik an Indien op d'Bee stellen. Vun do aus produzéieren si elo hir Frigoe

fir Impfstoff fir den indeschen an de regionale Marché. De Kader fir eis wirtschaftlech Bezéiunge mat Indien konnt och iwwer dat lescht Joer duerch eng Rei Ofkommes tëscht eise Regulateuren, Boursen, a Promotiounsagencen erweidert ginn. Iwwregens ass dat déi nämlecht Firma, déi d'Zort Frigoe produzéiert, vun deenen der gëschter vum Kooperatiounsminister an Defenseminister mam Lëtzebuerger A400M Fliger an de Burkina Faso geschéckt goufen fir d'Impfungen an deem Land ze vereinfachen.

* * *

D'politesch Stabilitéit a Sécherheet déi mir an Europa genéissen, erfuerdert allerdéngs méi wéi d'Zesummenaarbecht mat eise Partner an Alliéierten an den Dialog mat eise Konkurrenten**. Eis Sécherheet hänkt och dovunner of, ob mir als EU an der Lag sinn, aktiounsfäheg ze sinn an e Wuert matzeschwätzen.** Schliisslech geet et ëm eise Kontinent, do kënne mir eis net erlaben, dass Diskussiounen iwwert eis Käpp ewech gefouert ginn. Lëtzebuerg wäert also weider dofir schaffen, dass mir an enger polariséierter Welt mat eise Partner mat enger Stëmm schwätzen. Mir mussen als EU eng Sécherheetslag matzegestalten, déi op eise Wäerter opbaut, an déi d'Weiche fir e friddlechen tëschestaatlechen Ëmgank stellt.

Dofir implizéiere mir äis aktiv an den Aarbechte bei der EU, fir eng **"Boussole stratégique"** fir d'Unioun auszeschaffen. Dee Kompass, deen d'nächst Joer am Mäerz soll ugeholl ginn, gëtt der EU Orientéierung an enger multipolarer Welt. Mir mussen äis un déi nei Multipolaritéit upassen an der EU hir Roll stäerken. Och hei, och an der Aussepolitik an an der Verteidegungspolitik ass d'Äentwert méi Europa, en Europa, dat un sech gleewt, amplaz en Europa, dat sech dauernd a Fro stellt. De strategesche Kompass wäert keng Äntwert op all Situatioun sinn, mä en hëlleft äis, ënnerhalb vun der EU, äis eens ze ginn iwwert d'Erausfuerderungen a Geforen, déi sech fir d'EU stellen, an iwwert d'Mëttel an Instrumenter déi mir hunn, fir dorop ze reagéieren.

Mir mussen ophalen, bei all Kris d'Rad nei ze erfannen an ëmmer fir d'éischt e bëssen färtereg Richtung NATO an d'USA ze kucken. **D'NATO bleiwt selbstverständlech de Grondsteen vun eiser kollektiver Verteidegung**, a Lëtzebuerg ass en engagéierten Alliéierten, dee Contributioune mécht, déi der NATO an all den Alliéierte vill bréngen, zum Beispill am Beräich vum Weltraum.

Mä d'NATO ass eng regional Verdeedegungsallianz, an huet bei Wäitem manner Instrumenter, fir op international Krisen ze reagéieren, wéi d'EU. **D'EU huet Instrumenter** an der Handelspolitik, an der Sanktiounspolitik, an der Entwécklungspolitik, d'EU huet e Réseau vun EU Delegatiounen uechter d'Welt, d'EU huet Relatioune mat alle Länner, d'EU huet Programmer fir ze handelen an ze hëllefen vu Klimaschutz bis Impfstoffliwwerungen. **D'EU kann a muss op hiren eegene Féiss stoen, wat d'Sécherheet an d'Verteidegung ugeet.** Ech sinn déi Diskussioun iwwert d'Komplementaritéit tëschent NATO an EU e bësse midd. Natierlech ass alles, wat d'EU am Beräich Verteidegung mécht, komplementär zur NATO! Mir hu jo keng duebel Budgeten, a kee vun deenen 21 EU Memberstaaten, déi och an der NATO sinn, géif sech dach leeschte kënnen, op deenen zwou Säite Saachen ze maachen, déi net komplett kompatibel wieren. Mir si jo net schizophren. Wat mir zu 27 an der EU besser opgestallt sinn, wat eis Systemer méi interoperabel sinn, wat et der NATO besser geet. Et ass och evident, dass eng europäesch Défense mat sech bréngt, dass mir an Europa och europäesch akafen, an, dass mir europäescht Equipement entwéckelen.

Zelwecht wéi d'Covid-Pandemie huet den Afghanistan äis gewisen, dass mir als international Gemeinschaft ni komplett preparéiert sinn op déi grouss Krisen, matt deene mir mussen eens ginn. Ech sinn iwwerzeegt, dass all Effort, fir d'EU méi selbststänneg am Beräich vun der Sécherheet ze maachen, äis kollektiv méi resilient fir déi nächst Krisë mécht, an eis **Partnerschaft iwwert den Atlantik ewech** stäerkt. D'USA brauchen e staarkt Europa, dat gutt organiséiert ass a sech ëm sech selwer ka këmmeren.

**"America is back"** huet den Joe Biden deklaréiert, wéi e fir d'éischte Kéier als neien US-Präsident mat den Alliéierte geschwat huet, um Sommet vun der NATO am Juni. Et ass wouer, dass zanter dem 20. Januar nei Téin aus dem Wäissen Haus kommen, an et ass berouegend, dass mer d'Period Trump, matt hire permanenten Iwwerraschungen, hannert eis hunn. D'USA sinn rëm e vertrauenswierdege Partner, fir d'EU a fir déi ganz international Gemeinschaft. D'USA sinn nees prävisibel an hirer internationaler Politik. Beonrouegend bleift déi grouss Influenz, déi den Trump nach ëmmer op d'Republikanesch Partei huet, trotz dem Desaster vum Stuerm op de Kapitol de 6. Januar vun dësem Joer. E reegelrechten Ugrëff op d'Demokratie ass a ville vun de Republikaner

kontrolléierte Staaten amgaang, fir eng massiv Behënnerung vun der Bréifwal duerchzesetzen, grad wéi méi restriktiv a komplizéiert Wieler-Registréierungen fir d'Zuel vun de Wieler anzeschränken. Eng Schan fir d'US Demokratie, mä eng latent Gefor fir 2024.

„America is back" geet awer net duer. Et muss een iwwert sou Deklaratiounen eraus kucken an analyséiere wat dat genee heescht. No knapps 10 Méint ass de Fazit gemëscht: d'USA sinn e wichtege Partner vun der EU, mä dat heescht net, dass all d'Problemer geléist sinn. Dat gëllt och fir d'Handelrelatiounen, an deenen nach e puer schwiereg Kapitelen op sinn. Am Beräich vum Stol an Aluminium gouf et virun e puer Deeg awer gutt Nouvellen: d'EU an d'USA sinn sech eens ginn, un engem méi breeden Accord ze schaffen, an an der Tëschenzäit den Import vun europäeschem Stol an Aluminium nees ouni Tariffer ze erlaben, an de Quantitéite vu virun der Ära Trump. Domat kann d'EU hir Konter-Tariffer op amerikanesche Produkter wéi Whiskey and Harley Davidsons' dann och am Suspens halen. Den éischten „Trade and Technology Council" tëschent den USA an der EU, zu Pittsburgh am September, war och eng wichteg Etapp. An deenen nächste Wochen a Méint muss **an der transatlantescher Bezéiung weider Vertrauen opgebaut ginn**, fir den onkoordinéierten Ofzuch aus Afghanistan an déi iwweraschend Annonce vum AUKUS Partenariat ze verschaffen.

* * *

Ech wëll Iech zwee aner Beispiller ginn, déi engersäits d'Valeur vun der europäescher Diplomatie ënnersträichen, an anerersäits illustréieren, wat geschitt wa mir näischt, oder net genuch, maachen.

1. Op der enger Säit hu mir **d'Nuklearofkommes mam Iran**, wat 2015 ënnerschriwwe gouf, a wat bis haut eng vun de gréissten Errongenschafte vun der europäescher Diplomatie ass. 2017 koum dunn een, dee gemengt huet, e misst deen Accord futti schloen. Dat ass him awer, trotz gréisstem Effort, net gelongen. Firwat? Ma well d'EU zesumme gehalen huet, a gesot huet: Nee, mir halen un deem Ofkommes fest a mir loossen äis net vum Wee vun der Diplomatie a vun der Zesummenaarbecht ofbréngen.

Elo musse mer alles drusetzen, de sougenannten „JCPOA“ nees op d’Schinnen ze setzen. D’EU huet méintelaang Verhandlungen zu Wien koordinéiert, fir dass d’Amerikaner hir Sanktioune fale loossen a nees an den Accord eraklammen, a fir dass den Iran am Géigenzuch déi nuklear Restriktiounen nees respektéiert. Zanter der Wal vum neien iranesche President Ibrahim Raisi leien d’Gespréicher op Äis. Wéi ech deen neien iraneschen Ausseminister am September zu New York begéint hunn sot ech him ganz kloer: et ass elo fënnef fir zwielef, dir musst onbedéngt nees zréck op Wien un de Verhandlungsdësch! De 29. November ginn d’Verhandlungen zu Wien endlech nees ugekuerbelt. Et ass am Interessi vun den USA a vum Iran, dëse Prozess elo séier op en Enn ze bréngen.

Ech wëll och bei dëser Geleeënheet ënnersträichen, dass mir op kee Fall d’Aen zoumaache virum **Iran senger destruktiver regionaler Politik, an och net virun der brutaler Repressioun a virun de Mënscherechtsverletzungen**, ënnert deenen déi reliéis Minoritéiten, wéi d’Baha’i zum Beispill, ganz staark leiden. Dës Repressioun muss endlech ophalen, och dat hunn ech dem iraneschen Ausseminister an aller Däitlechkeet gesot, an dofir wäerte Lëtzebuerg an d’EU äis weider asetzen.

2. Wou et hiféiere kann, wann d’EU an déi international Communautéit sech net genuch asetzen, dat huet een dëst Joer erëm am **Gaza** gesinn. Soulaang mer net déi fundamental Wuerzele vum Konflikt tëscht Israel an de Palestinenser upaken, soulaang wäerten d’Leit an der Regioun an engem Däiwelskrees vun Haass, Gewalt an Zerstéierung gefaange bleiwen. Well loosst mech drun erënneren, dass mer hei net vum éischte Gaza-Krich schwätzen, mä scho vum véierten zanter 2008. A wa sech näischt fundamental ännert, wäert doudsécher och dee fënnefte kommen.

Am Westjordanland an zu Ost-Jerusalem gëtt **d’Zwou-Staate-Léisung** schonn zanter Joere systematesch vun Israel futti gemaach. Wann Israel ouni Beweis sechs palestinensesch ONG’en als Terrororganisatiounen klasséiert, dann ass daat näischt aanescht wéi e weidere Schrëtt an dës Richtung. Mä wa mer dësen Trend nees wëllen ëmdréinen, musse natierlech och d’Palestinenser hire Stot an d‘Rei bréngen. Dat sot ech och dem Premierminister vun der Palestinensescher Autoritéit, dee rezent hei bei äis op Besuch war: et kann net sinn, dass si éiweg zerstridde bleiwen an, dass déi jonk Leit ni kënnen e Wuert matschwätzen, wëll et keng Wale

gëtt. Geschwënn ass et ze spéit, da gëtt et kee Wee méi zréck. Mä wat ass d'Alternativ zu der Zwou-Staate-Léisung? Een eenzege Staat, mat éiwegem Konflikt a systematescher Ongläichheet? Dat kann op kee Fall d'Äntwert sinn. Sou e Staat wier och keng nohalteg Léisung fir Israel, wann et sech wëllt a Fridden a Sécherheet a senger Regioun entwéckelen.

D'EU muss endlech de sougenannte **Friddensprozess am Noen Osten** nees ganz uewen op d'Lëscht vun de Prioritéite setzen, a notamment drop insistéieren, dass Israel d'Accorde vun Oslo – déi et jo an de nonzeger Joren ënnerschriwwen huet – och endlech nees applizéiert. Mir hunn eng historesch Verantwortung vis-à-vis vun Israel a vu Palestina, a mir sinn d'Frënn souwuel vun Israel wéi vu Palestina. Et geet net drëm, fir FIR déi eng oder GEINT déi aner ze sinn, et geet ëm d'Recht op Selbstbestëmmung, et geet drëm, dass d'Vëlkerrecht respektéiert gëtt, dass d'Mënscherechter respektéiert ginn, dass sech nees un daat gehaale gëtt, waat een ënnerschriwwen huet an, dass all d'Leit, déi tëschent dem Jordan an dem Mëttelmier wunnen, a Fridden, a Sécherheet an an Dignitéit kënne liewen. Net méi, awer och net manner.

* * *

D'Pandemie huet äis méi enk zesummegeschweesst. Villen ass kloer ginn, dass Krisë vun deem Ausmooss net eleng ze meeschtere sinn. D'Pandemie huet äis gewisen, wéi wichteg déi europäesch Solidaritéit ass. Wéi grouss **d'Plus-value vun der Unioun** ass, wann een am Geescht vun der Solidaritéit zesummeschafft.

D'Covid-19 Kris war an ass eng Zäit, déi där jonker Generatioun Villes ofverlaangt huet. Déi Jonk waren dacks op sech eleng gestallt: keen normale Studium, keng Méiglechkeet fir ze reesen a keng sozial Evenementer ënner Frënn ware méiglech.

D'Zukunft gehéiert awer der Jugend. Dofir ass et elo ëmsou méi wichteg, déi jonk Léit an de Mëttelpunkt ze stellen. Hinnen ze weisen, dass mer hir Suergen an Ängschten eescht huelen. Evitéieren, dass et zu engem Generatiounskonflikt kënnt.

"D'Zukunft läit an Ären Hänn" – dëst ass och de Motto vun der **Konferenz iwwert d'Zukunft vun Europa**. D'Konferenz bitt de Bierger a ganz Europa d'Geleeënheet, sech iwwert hir Erwaardungen un d'Europäesch Unioun auszedrécken. Nei Iddien a Virschléi kënnen zesumme mat de Bierger entwéckelt ginn, fir d'Unioun méi no un d'Bierger ze bréngen. Dëst och mat dem Usproch, derzou bäizedroen, déi demokratesch Legitimitéit vun eiser Unioun ze stäerken.

Natierlech ass d'Konferenz och eng Geleeënheet, sech mat den negativen Tendenzen a Kritiken un der Unioun auserneen ze setzen, a gemeinsam derzou bäizedroen, d'Unioun ze stäerken a besser op zukënfteg Erausfuerderunge virzebereeden. Ech kann d'Bierger deemno just encouragéieren, sech aktiv an dëse Prozess anzebréngen.

Besonnesch den Ängschten an den Hoffnunge vun der **Jugend** sollte mer an dësem Prozess nolauschtere. An deem Sënn hunn ech mech schon am Fréijoer zesumme mam däitsche Staatssekretär Michael Roth mat jonke Leit aus däitschen, franséischen a lëtzebuergesche Lycéeën ënnerhalen. Fir en éierlechen a konstruktiven Austosch kënnen ze erméiglechen a méiglechst vill Léit ze erreechen, erfuerdert dës Debatt awer e kollektiven Effort vun allen Akteuren. Dofir freet et mech ëmsou méi ze gesinn, dass och **d'Chamber** eng ganz Rëtsch interessant Formater op d'Bee gestallt huet, fir zesumme mat de Bierger iwwert d'Zukunft vun Europa ze dialogéieren.

Loosst äis de **Konklusioune** vun der Konferenz awer net virgräifen a scho vun institutionelle Changementer schwätzen. Mäin Androck ass éischter deen, dass mer äis méi Gedanken ëm déi alldeeglech Suerge vun de Bierger maache sollten: em d'Ekonomie, d'Aarbecht, de Klima an dat Soziaalt – amplaz iwwert Entscheedungsgremien a Personalfroen ze diskutéieren. Dofir, loosst

äis fir d’éischt lauschteren, wat d’Suergen an d‘Iddie vun de Bierger sinn. Am Fréijoer 2022 ginn dann ënnert franséischer Presidence d’Konklusioune presentéiert.

D’Konferenz iwwert d’Zukunft vun Europa gouf op engem 9. Mee offiziell lancéiert. 71 Joer éischter, 1950, och op engem 9. Mee, leet de Robert Schuman sengersäits de Grondstee fir ons europäesch Konstruktioun.

D'Kreatioun vun der **Europäescher Communautéit fir Kuel a Stol**, kuerz CECA, den 18. Abrëll 1951 setzt den Ufank vun engem Projet vu Fridden a Kohäsioun, getrei dem Motto “Eenegkeet mécht staark”, deen d’Prosperitéit vun Europa zënter méi ewéi 70 Joer ofséchert.

D’Exekutiv vun der CECA, déi “**Héich Autoritéit**”, huet hier éischt Versammlung den 10. August 1952 zu Lëtzebuerg ofgehalen. 2022 sinn dat 70 Joer Präsenz vun der Europäescher Exekutiv zu Lëtzebuerg. 70 Joër konkret europäesch Integratioun, un där Lëtzebuerg op viischter Plaz konnt mattschaffen a mattgestalten.

Dës historesch Roll, an de Bäitrag vu Lëtzebuerg zur europäescher Integratioun, spigelt sech an eiser engagéierter an aktiver Sëtzpolitik rëm.

Ech hu schonn ufangs vun dëser Ried ënnerstrach, wéi wichteg d’Verdeedegung vun der Rechtsstaatlechkeet, och innerhalb vun der EU, ass. Hei huet och den **Europäesche Parquet**, matt Sëtz zu Lëtzebuerg, eng essentiell Roll ze spillen. Zanter dem 1. Juni 2021, an der Opnam vu senger operationeller Aarbecht, huet den Europäesche Parquet, bis Mëtt September, schonn eng 300 Enquête lancéiert : et geet hei ëm e potenzielle Gesamtschued fir den EU Budget vu ronn 4,5 Milliarden EUR. Et ass dofir wichteg z’ënnersträichen, dass déi 130 Posten, dorënner och ganz vill héich spezialiséiert Juristen, Finanzexperten an Informatiker, déi dem Europäesche Parquet fir 2021 fir de Sëtz zu Lëtzebuerg accordéiert gi sinn, alleguerte scho besat sinn. Wéinst der méi grousser Aarbechtslaascht vum Parquet huet d’Kommissioun dann och virgeschloen, fir den Europäesche Parquet 2022 mat 118 weidere Posten ze stäerken. Dat kann d’Regierung nëmme

voll a ganz ënnerstëtzen. Dräi zousätzlech Stäck an der Tour B, dem Sëtz vum Europäesche Parquet um Kierchbierg, sinn iwwregens schonn dëser Deeg fäerdeg gestallt ginn.

D'Joer 2021 huet och nach aner positiv Entwécklungen am Justizberäich bruecht : **d'*Juridiction unifiée du brevet*** **(JUB)** steet ewell, no etleche Retarden, ënner anerem wéinst dem Brexit, kuerz virum Akraafttrieden. Lëtzebuerg schafft hei zanter 2013 aktiv matt un de Virbereedunge fir dëst neit Geriicht, dat kompetent wäert sinn fir dat Eenheetlecht Europäescht Patent. D'Cour d'appel an de Greffe vun der JUB  wäerten hei zu Lëtzebuerg sinn. D'Bureauen am Nouvel Hémicycle si scho prett.

Nieft dem Europäesche Parquet wäert och dëst neit Geriicht de Status vu Lëtzebuerg als Kompetenzzentrum vun der europäescher Justiz nach weider stäerken.

Donieft schaffe mir och weiderhin drun, fir Lëtzebuerg als Sëtz vun den **europäesche Finanzinstitutioune** weider auszebauen, an ënner anerem Synergien am Kader vun den neie Finanzinstrumenter, déi der Kommissioun zur Verfügung stinn, mat Organer wéi der Europäescher Investitiounsbank (EIB) oder dem Europäesche Stabilitéitsmechanismus (ESM) ze färderen. Mir schaffen och aktiv mam ESM zesummen wat de Bau vun hirem neie, méi grousse, Gebai um Kirchbierg ugeet: et ass ee wichtege Schrëtt a reflektéiert net nëmmen déi konsequent Erweiderung vun de Kompetenze vum ESM, mä och d'Bekenntnis zum Standuert Lëtzebuerg.

An deem Kontext loosst mech hei all deenen anere Ministèren an Administratiounen, a besonnesch dem Finanzministère an der Administration des bâtiments publics, Merci soen fir hir Kooperatioun an hiren Asaz wat eis Sëtzpolitik ugeet.

Wat den 3. grousse Beräich, den digitale Beräich ugeet, esou konnt ech am Mee dëst Joer, zesumme mam Ekonomiesminister a mam Kommissär Breton, déi **Gemeinsam Entreprise fir en Europäeschen Héichleeschtungsrechner (EuroHPC)**, déi hire Sëtz hei zu Lëtzebuerg huet, aweien. An och hei steet schonn eng Erweiderung an d'Haus: am September gouf, mat

Lëtzebuerger Ennerstëtzung, d’Mandat vum EuroHPC ausgebreet, fir ënner anerem déi villverspriechend Quanteberechnungen anzeschléissen. Am deem Kontext huet den EuroHPC och eng bedeitend Hausse vun hirem Personal accordéiert kritt : vun haut 15 soll et 2022 op 47 Leit eropgoen, an ab 2023 nach weider, op bis zu 57 Posten.

Eng aner gutt Nouvelle am digitale Beräich ass, dass nieft enger ganzer Rëtsch vun europäeschen an internationalen Institutioune wéi dem Europäesche Parquet, der Europäescher Investitiounsbank, der Europäescher Kommissioun, der NSPA (*NATO Support and Procurement Agency*) an dem Europäesche Patentamt, déi sech alleguerte fir ee Lëtzebuergeschen Tier 4 Datazenter entscheet hunn, Monaco décidéiert huet eng “**Ambassade de données**”, zu Lëtzebuerg ze etabléieren. No Estland ass Monaco deen zweete Staat, dee Lëtzebuerg seng Donnéeën uvertraut.

Nieft dësen dräi grousse Beräicher – Justiz, Finanzen an Digitales – schafft d’Regierung aktiv drun, fir nei Strukturen an anere Beräicher z’identifizéieren, déi sech hei am Grand-Duché usidele kéinten oder wou ee verstäerkt Synergien mat präsenten europäeschen an nationale Servicer kéint hirstellen. Ech kommen hei muer nach spezifesch op de Gesondheetssecteur ze schwätzen, dat am Kader vun der *question élargie* vun der honorabler Deputéierten Viviane Reding.

Dir gesitt : et geschitt esou munches a Saache Standuert Lëtzebuerg, an d’Regierung wäert déi Ustrengungen och konsequent weiderféieren, dat och zesummen mat den internationalen an europäeschen Institutiounen ze Lëtzebuerg.

* * *

D’Pandemie huet eis alleguer fundamental gerëselt. Et war eng schwéier Zäit, mä lues a lues gesi mir Luucht um Enn vum Tunnel. Dës Ried konnt nees hei an der Chamber gehale ginn, dat ass en Zeechen derfir, dass et besser geet.

Et konnt een an deene leschte Méint verdrësslech ginn, wéinst deem sëllege Leed, wat dëse Virus iwwert d'Welt bruecht huet, wéinst deene sëllegen Aschränkungen, well villes méi lues gaangen ass, well vill wichteg Evenementer hu misse verschubst oder ofgesot ginn, oder well se just virtuell konnten oflafen. D'Videoskonferenze sinn e gudden Noutstopp, mä se si keen Ersatz fir dat richtegt Handwierk vun der Aussepolitik. De mënschleche Kontakt, den direkten Austausch, d'Andréck op der Plaz, sinn enorm wichteg.

Mir huelen awer och e puer vun deenen neie Gewunnechten aus der Pandemie mat eriwwer an déi nächst Phase. Mir hu geléiert, méi onkomplizéiert digital ze kommunizéieren – dat huet et zum Beispill méiglech gemaach, dass mir äis op en etleche Plazen och lokal konnte méi aktiv abréngen do wou mir keng Ambassade hunn. Fir e klengen diplomatesche Réseau wéi eisen ass dat enorm wäertvoll, a mir wëllen dat bäibehalen. Mir hunn alleguer en neie Sënn derfir entwéckelt, wat wichteg ass, a wat Bestand kann hunn.

Här Präsident,
Dir Dammen an dir Hären,

Mir hunn et och 2020/2021 fäerdeg bruecht, Aussen- an Europapolitik am Déngscht vun de Bierger zu Lëtzebuerg an am Déngscht vum europäeschen a multilateralen Ideal vun Integratioun an Zesummenaarbecht ze maachen. Lëtzebuerg wäert och weiderhi fir seng Interessen, Wäerter an Iwwerzeegungen op internationalem Niveau antrieden. Elo freeën ech mech op den Débat vu muer, dann op dat nächst Joer an op eng nei Normalitéit am Schaffen a Liewen.

Merci fir d'Nolauschteren.